# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

1 | 2022

BULLETIN COMMUNAL



Foto: Damaris



# DËST STEET HEI DRAN


D'Wuert vum Redaktiounscomité 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 5
Les rapports des réunions du Conseil communal 16
Mir gratuléieren 24
Interview Pierre Beckené 27
E Stéck Waldbëlleg huet eis verlooss
Noruff op den Edouard LIES 28
Meet & Greet 30
Gemengeniessen 31

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Pré-Kleeschen an der Spillschoul 33
De Kleeschen am Cycle 4 34
Harry Potter 34
Maison relais 35
Advents Market 2021 38
Adventsmaart 2021 38

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 40
Ëmmer Fit: Interview mat der Agata Klimek 42
Zweemol e Scheck vun den Haler Lett 43
Jonk & Al 43
FC Olympia Christnach/Waldbillig 44

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Uergelfrënn Waldbëlleg 46
Diplomer an der Museksschoul 48
Waldbëlleger Musek asbl – Back to Music 49
Société préhistorique 50

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Sidd Dir interesséiert u Repas-sur-rouen? 52
Intéressé par le service « Repas sur roues » ? 53
Studentenjob am Touristcenter Heringer Millen 53
De Chrëschtmaart op der Millen 54
Go Blue & Orange 56

## KLIMAPAKT
### *PACTE CLIMA*

TOUR du DUERF an der Gemeng Waldbëlleg 58
Repaircafé Mëllerdall 60
Den neie Klimaberoder 62
Besser Loft fir méi Liewensqualitéit
Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne an der Gemeng Waldbëlleg 63
Klimapaktdag 2021 64
Wie wëllt matmaachen? 66

## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*

Agenda 68
Gemengerot 71
Restauranten 71


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*



*Foto: Damaris*

**D'Redaktiounsekipp ass déi heiten:**

Marc Barthelemy (Supervisioun),
Maxime Bender (Kultur),
Corinne Meyers (Schoul a Maison relais, Veräiner),
Isabelle Oberlé (Geschicht a Kultur),
Karin Enser (Korrekturen)

Grafesch Gestaltung:
Susanne Hangarter

Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.

Responsabelen Editeur:
Gemeng Waldbëlleg

An en décke Merci un d'Ekipp aus der Gemeng, déi eng ferm Hand mat upaakt: Martine Dimmer, Kim Ruppert, Pit Beckené, Filipe Soares, David Sonetti

Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.

# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

En neit Joer hu mer, mee leider nach ëmmer ënner dem Zeeche vu Corona. Mir mussen eis domat arrangéieren, ob mer et wëllen oder net. Mee et gewinnt ee sech un alles, anscheinend och un dat doten.

Vill méi grav ewéi d'Krankheet u sech, sinn déi mëttlerweil extreem Spannungen, déi doduerch an eiser Gesellschaft entstinn. Déi eng – wéi och de Signataire vun dëse Wierder – sinn iwwerzeegt, datt an dësem Fall Impfungen déi eenzeg Léisung sinn. Déi aner fannen dat net ubruecht. Béid halen op hir kierperlech Gesondheet a reprochéiere gären där anerer Säit, net den néidege Respekt ze hunn. Ausernanersetzunge bei esou engem delikaten Theema sinn normal a waren iwweregens ëmmer an der Geschicht en Theema, wann et ëm Schutz vun der Gesondheet a speziell ëm Impfunge gaangen ass.

Mee leider eskaléieren a leschter Zäit déi Diskussiounen. Et gi militant Impfgéigner, déi ouni ëmzekucke gewalttäteg ginn. Dat ass inakzeptabel: Si schueden domat net nëmmen deene Leit, déi friddlech hir Positioun vertrieden, mee bréngen och eise ganzen demokratesche System an eng schwiereg Positioun.

Et ass mat Sécherheet keen Zoufall, datt grad a leschter Zäit vill politesch Responsabeler hiren Hutt huelen. Wann ee gesäit, wéi Regierungsmemberen an am Ausland och Gemengeverantwortlecher an hirem private Liewen an doheem belästegt an esouguer aggresséiert an attackéiert ginn, da kann ee verstoen, datt den Enthusiasmus, fir esou en Job unzehuelen net méi grouss ass.

Bei eis an der Gemeng huet 2021 de Jean-Joseph Tholl, genannt Jojo, de Courage gehat, fir déi net ëmmer agreabel Charge als Schäffen unzehuelen. Him a senger Kolleegin a sengem Kolleeg aus dem Schäfferot sief dofir vun dëser Plaz Merci gesot an eng glécklech Hand fir 2022 gewënscht.

Kritik ass natierlech gutt an nëtzlech, wann se fundéiert ass a vun der Bereetschaft begleet, selwer Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Dofir sief dann och elo schonns dorun erënnert, datt an eppes méi ewéi engem Joer Wale sinn, am Juni 2023 an de Gemengen an am Oktober 2023 op nationalem Plan. Bei de Gemengewalen dierfen och Netlëtzebuerger mat wielen, wann se sech mat Zäiten op d'Walleschten androen. Am Moment ass dat relativ laang virdrun néideg an et gëllt och eng Residenzklausel: Béides soll der Regierung no geännert si bis d'nächst Joer.

Mee jiddefalls ass et wichteg, datt d'Leit, déi bei eis an der Gemeng wunnen, sech bewosst sinn, datt déi meescht vun hinne kënne wiele goen an datt Netlëtzebuerger sech dofir mussen op der Gemeng op d'Liste électorale androen.

Dir fannt an dëser Nummer vum FUUSS e Bericht iwwer de Meet & Greet, dee vun der Gemengeféierung a vun der Integratiounskommissioun organiséiert war an nawell e schéine Succès kannt huet. Do konnte sech déi nei Awunner iwwer eis Gemeng informéieren.

Nodeems an de leschten Nummeren schéin Artikelen iwwer den Hentgesbau an de Michel Rodange mat sengem Reenert vun den Éierebuergermeeschtere Gérard Bender a Jean-Luc Schleich stoungen, ass dës Kéier d'Rei um Éierebuergermeeschter Edouard Lies a senger Fra, déi jo dëse Summer verscheet sinn. D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer erënnert u si.

D'Damaris huet eis Redaktioun verlooss, schafft awer nach punktuell virun allem mat Fotoe mat. Hir e grousse Merci fir déi geleeschten Aarbecht.

Alle Lieser sief e schéint a gutt neit Joer 2022 gewënscht, vun der Redaktioun, vum Schäffen- a Gemengerot, a wéi een haut nëmme ka soen: Haalt lech vun deem Corona ewech! An huele mer eis alleguer en Ëmgank matenee vir, dee vu Respekt a Versteesdemech fir d'Positioun vun deem anere markéiert ass. Fir et mam Léopold Sédar Senghor ze soen, éischte President vum onofhängege Senegal : ***„L'orgueil d'être différent ne doit pas empêcher le bonheur d'être ensemble.“***

*Fir d'Redaktioun: Marc Barthelemy*


*Foto: Damaris*

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen ewéi déi offiziell Deliberatiounen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann déi franséisch Versioun, déi dorop baséiert, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/7

**Sëtzung vum Donneschdeg, 23. September 2021**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2021-07-01 | Definitiv Nominatioun vun engem Gemengebeamten. |
| 2021-07-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2021-07-03 | Järleche Gestiounsplang iwwer d'Gemengebëscher fir d'Joer 2022. |
| 2021-07-04 | Bewëllegung vun engem Aarbechtskontrakt. |
| 2021-07-05 | Stellungnam zu de Reklamatiounen, déi wärend enger ëffentlecher Enquête am Kader vum Deklassement vun enger Parzell aus dem ëffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz an Entscheedung iwwer dësen Deklassement. |
| 2021-07-06 | Prinzipiendecisioun iwwer d'Deelhuelen um Pacte Logement 2.0. |
| 2021-07-07 | Avenant zum Règlement d'ordre intérieur vum Gemengerot vum 7. Februar 2019. |
| 2021-07-08 | Festleeë vun den Indemnitéite fir d'Agenten déi d'Vollekszielung 2021 duerchféieren. |
| 2021-07-09 | Geweinlech budgetär Ännerungen. |
| 2021-07-10 | Aussergewéinlech budgetär Ännerungen. |
| 2021-07-11 | Demissioun vum Här Théo Moulin vu senge Funktiounen als Gemengeconseiller. |
| 2021-07-12 | Auserwiele vun engem Delegéierte vum Sigre. |
| 2021-07-13 | Auserwiele vun engem stellvertriedenden Delegéierte vum Gemengesyndikat fir d'Bauen, d'Bewirtschaftung an den Ënnerhalt fir d'Waasserversuergung zu Suewelbuer an dem Freckeisen, tëschent de Gemengen Ärenzdall a Waldbëlleg. |
| 2021-07-14 | Auserwiele vun engem Delegéierte vum Syndicat d'initiative et de tourisme vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2021-07-15 | Auserwiele vun engem Member vum Comité de surveillance „Heringer Millen Mëllerdall". |
| 2021-07-16 | Auserwiele vun engem Delegéierte beim lokalen Aktiounsgrupp Leader Mëllerdall. |
| 2021-07-17 | Auserwiele vun engem stellvertriedenden Delegéierte bei der A.S.B.L. CIGR Mëllerdall. |

| | |
|---|---|
| 2021-07-18 | Auserwiele vun engem Gemengeconseiller als Member vun der Integratiounskommissioun. |
| 2021-07-19 | Bewëllegung vun der Konventioun 2021 betreffend de Club Senior „An der Loupescht". |
| 2021-07-20 | Ufroe fir d'Deele vun Terrainen. |
| 2021-07-21 | Ufro vun de Gemenge Rouspert-Mompech an Iechternach fir eng finanziell Ënnerstëtzung fir geschiedegt Awunner duerch d'Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021. |
| 2021-07-22 | Verschiddenes. |

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg den Här Laurent Cremer definitiv op de Poste vum Gemengebeamten am Gehältergrupp B1, techneschen Ënnergrupp retroaktiv op den 1. September 2021 ze nominéieren.

**2.** D'Conseillere Barthelemy a Meyers hunn déi heite Froen un de Schäfferot gestalt :

**Fro 1**

An der leschter Sëtzung hu mer en neie Schäffe gewielt, well den Theo Moulin aus perséinleche Grënn vun deem Posten demissionéiert hat.

Bei de leschte Walen haten déi dräi éischt Gewielten déi dräi Posten aus dem Schäfferot akzeptéiert. Dës Kéier ass de Wielerwëllen awer net esou respektéiert ginn. Déi op de Plaze 4, 5 a 6 gewielte Conseilleren Bender, Michels an Tobes waren net Kandidat fir de Schäffeposten. Si hunn sech am Conseil als Ekipp constituéiert a verstinn sech als Oppositioun. An esou enger Situatioun hätt ee sech kënnen eng Koalitioun erwaarden, vun der Buergermeeschtesch an dem verbliwwenen éischte Schäffen engersäits, an engem vun den dräi genannte Conseilleren anersäits.

Froen:

*Kann d'Buergermeeschtesch confirméieren, datt si déi dräi genannte Conseillere gefrot hat, datt ee vun hinne sollt Schäffe ginn, fir esou dem Resultat vun de Wale gerecht ze ginn?*

*Koum et zu Gespréicher iwwert eng Koalitioun? Wann neen, firwat net? Wa jo, firwat hunn déi kee Resultat erginn?*

D'Buergermeeschtesch confirméiert, datt déi dräi Conseillere gefrot gi sinn, fir Schäffen ze ginn. De 9. Juni war déi éischt Reunioun mam Schäfferot an där se gefrot gi sinn a si hu sech du Bedenkzäit gefrot. An der zweeter Reunioun mam Schäfferot de 6. Juli hu si matgedeelt, datt kee vun hinnen de Schäfferotsposten géing unhuelen.

**Fro 2**

De 14. Juli koum et erëm zu schwéiere Reefäll an Iwwerschwemmungen am Mëllerdall. Och wann d'Aarbechten un de klenge Baachen, der Bëllegerbaach an der Kaasselbaach, erfreelecherweis derzou gefouert hunn, datt duerch si dës Kéier näischt geschitt ass, esou sinn duerch d'Schwaarz Iernz schwéier Schied um Camping an un zumindest engem Haus entstanen.

Jiddwereen huet verstanen, datt mer an Zukunft musse reegelméisseg mat esou Situatioune rechnen.

Froen:

*Gouf d'Gemeng virgewarnt virun deene schwéiere Reefäll? Wa jo, wéini, a wéi goung déi Warnung virun un d'Awunner, speziell déi an der Uertschaft Mëllerdall?*

*Wéi ass séchergestallt, datt esou Warnunge bei der Gemengeféierung ukommen, och baussent de Büroszäiten?*

*Ass séchergestallt, datt d'Awunner vun der Gemeng a speziell déi an der Uertschaft Mëllerdall séier gewarnt kënne ginn, iwwer SMS2citizen oder per Telefon?*

*Op verschiddene Plazen am Land, déi soss schwéier getraff si ginn z. B. Angelduerf, huet dës Kéier eng Installatioun aus feste Maueren an amovibele waasserdichte Panneaue vill gehollef. Ass esou e Konzept scho fir de Mëllerdall ënnersicht ginn, fir de Camping an d'Haiser ze schützen? Wa jo, mat wat fir enge Konklusiounen? Wann neen, sollt dat net envisagéiert ginn?*

De Schäfferot äntwert, datt d'Gemeng net virgewarnt gi war, datt awer op den ëffentlechen Netzwierker an an der Presse däitlech driwwer informéiert gi war.

Den 112 huet der Buergermeeschtesch hir Nummer a kontaktéiert si an engem Noutfall. Dëst war de Fall wéi de Camion am Mëllerdall ëmgefall war an de Piff ausgelaf war.

Bei engem Noutfall ginn d'Beamte kontaktéiert a maachen en SMS2citizen.

Et ass e Konzept ausgeschafft ginn, fir de Camping am Mëllerdall géint Héichwaasser ze schützen. Nom Ausschaffe vu verschiddene Varianten gëtt den zréckbehalene Projet elo ausgeschriwwen.

**Fro 3**

Fir doudeg Hausdéieren, déi op oder nieft de Stroosse fonnt ginn, besti keng gesetzlech Virschrëften, wien zoustänneg ass, se ewechzehuelen. A verschidde Gemengen ass dofir den techneschen Déngscht zoustänneg, deen och en Apparat huet, fir d'Chippe vun den Déieren ze liesen an esou de Propriétairë kënne Bescheed ze ginn. Dat ass zwar fir déi Leit keng gutt Nouvelle, mee si brauchen da wéinstens net virun ze sichen.

Froen:

*Ass de Schäfferot bereet, dem technëschen Déngscht déi Tâche bei eis an der Gemeng ze ginn?*

*Wat ass dofir noutwenneg? Och fir dee Service de Weekend kënnen ze assuréieren?*

De Service technique hëlt déi doudeg Déieren ewech, en ass erreechbar iwwer eng Permancen Nummer. Wat den Apparat ugeet fir d'Chippen auszeliesen, géif de Schäfferot léiwer mam Veterinär zesummeschaffen, a freet dat no, well esou en Apparat net dacks gebraucht gëtt.

**Fro 4:**

Den 10. Februar 2021 huet de Gemengerot eestëmmeg säin Accord ginn zu enger Konventioun fir d'Gestioun vun enger gesécherter Plaz fir Vëloen, genannt mBox. Dës Konventioun gouf tëschent dem Verkéiersverbond an der Gemeng Waldbëlleg geschloss an de 16. Dezember 2020 ënnerschriwwen. Si reegelt d'Critèrë vun der Installatioun an d'Notzung vun enger mBox op der Duerfplaz zu Chrëschtnech.

Froen:

*Fir wéini ass dermat ze rechnen, datt déi mBox zu Chrëschtnech funktionéiert?*

*Den 10. Februar 2021 war och gesot ginn, den zoustännege „Vëlos- a Wandergrupp" géif e Konzept virleeën, fir datt d'Vëlosfuerer aus der ganzer Gemeng kéinte sécher dohinner kommen a vun där mBox profitéieren. Läit dee Konzept elo vir?*

D'mBox ass geschwënn operationell. Et muss just nach eppes nogereecht ginn, fir se méi sécher ze maachen.

De Grupp Vëlos- a Wanderweeër huet e Konzept ausgeschafft, fir un déi regional Vëlospisten unzebannen. D'Buergermeeschtesch huet nogefrot am Office régional du tourisme, den e Konzept fir d'Regioun ausschafft an Zesummenaarbecht mat de Gemengen an dem zoustännege Ministère. Eist Konzept gëtt am Ministère zesumme mat deem regionale Konzept gekuckt.

**Fro 5:**

Zigarettestëmp mat Filter sinn eng Schwéngerei, wann se einfach op de Buedem gepucht ginn. Mee och an der Poubelle belaaschte si d'Ëmwelt a si enthalen eng Rei Stoffer, déi sollte recycléiert ginn.

Eng Partie Gemengen hunn ugefaangen, Zigarettestëmp ze recycléieren zesumme mat der Firma Shime www.shime.lu an dem Projet Zéro Mégot.

Fro:

*Géif de Schäfferot sech informéieren, wéi eis Gemeng sech do kéint uschléissen, deen Thema och mat an de Syndicat intercommunal Sigre huelen an dono de Gemengerot befaassen?*

De Schäfferot géif sech informéieren fir Zigarettestëmp ze recycléieren a proposéiert se zum Beispill um Fussballsterrain ze sammelen.

**Fro 6:**

De Vëlos- a Wandergrupp huet eng Partie Propose virleien, wéi et méiglech wier, datt d'Awunner aus der Gemeng sech kéinten zu Fouss tëscht den Uertschafte beweegen, ouni sech missen der Gefor vun enger Landstrooss auszesetzen. Dat ass speziell wouer fir Freckeisen, wou d'Foussgänger fir op Chrëschtnech oder Waldbëlleg oder och bannent der Uertschaft mussen iwwer d'Strooss goen.

Fro:

*Wéi ass et mat engem Konzept fir Foussweeër an der Gemeng, am Sënn vun der Mobilité douce an och fir Wanderweeër? Wéini kritt de Gemengerot esou e Konzept virgeluecht?*

D'Vëlosweeër an d'Wanderweeër sinn ausgeschafft, et sinn déi selwecht fir mam Vëlo wéi zu Fouss. Am nächste Gemengerot kéint dëse Grupp doriwwer informéieren.

**Fro 7:**

Déi zoustänneg Ministeren hunn ugekënnegt, datt all auslännesch Awunner dierfen un de Gemengewalen 2023 deelhuelen. D'Konditioun, datt een e puer Joer muss hei gewunnt hunn, fält ewech, an den Delai, fir sech virun de Walen op d'Wielerlëschten anzedroen, gëtt vill méi kuerz ewéi an der Vergaangenheet.

Fro:

*Wat ënnerhëlt de Schäfferot, fir déi auslännesch Awunner ze motivéieren, un de Walen deelzehuelen?*

De Schäfferot informéiert iwwer d'Facebooksäit an iwwer den Internetsite vun der Gemeng an huet wëlles eng Informatiounsversammlung anzeberuffen.

**Fro 8:**

Vitess-30-Zonen gëtt et an den Uertschaften ëmmer méi dacks, am Ausland an och hei am Land, fir d'Wunnstroossen, mee och fir Duerchgangsstroossen do, wou et geféierlech ass, zum Beispill bei Schoulen.

Den zoustännege Minister huet gesot, eng entspriechend Demande vun enger Gemeng géif akzeptéiert ginn, wann et en allgemenge Verkéiers-konzept gëtt.

Fro:

*Ass de Schäfferot wëlles, dem Gemengerot eng Propos virzeleeën, fir d'Vitess an den Uertschaften op 30 ze limitéieren:*

- *an de Wunnstroossen do wou et nach net de Fall ass,*
- *op den Duerchgangsstroossen bei de geféierleche Plazen, virun allem de Schoulen?*

De Schäfferot confirméiert, datt de Minister eng kloer Ausso gemaach huet. An de Wunnstroosse besteet souwäit iwwerall, déi Limitatioun vun 30 km/h. Bei der Schoul zu Waldbëlleg ass d'Vitess op 20km/h erofgesat ginn. Et gëtt nach eemol nogefrot fir d'Vitess op 30 km/h an den Dierfer erofzesetzen.

**3.** De Gemengerot stëmmt deen heite järleche Gestiounsplang iwwer d'Gemengebëscher fir d'Joer 2022:

| | Gehälter | Rechnungen | **Investissementer** | **Einnamen** |
|---|---|---|---|---|
| Nohalteg Gestioun a Schutz vun de Bëscher | 19.000,00 | 29.000,00 | 48.000,00 | 51.000,00 |
| Sensibilisatioun an Informatioun vun der Ëffentlechkeet | 7.500,00 | 1.500,00 | 9.000,00 | |
| Logistik a Personal | 12.000,00 | 19.500,00 | 31.500,00 | |
| | 38.500,00 | 50.000,00 | **88.500,00** | **51.000,00** |

**4.** De Gemengerot bewëllegt den onbefristen Aarbechtskontrakt vum Här Fränk Diederich, deen op de Poste vum Gemengenemployé am Gehältergrupp B1, edukativen a sozialen Ënnergrupp zu 40 Stonnen d'Woch genannt ginn ass.

**5.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen géint 2 Stëmmen (d'Conseillere Bender an Tobes) an enger Enthalung (de Conseiller Michels), säin Averständnis ze ginn, fir en Deel vum Feldwee um Uert „Auf Kassel-hoecht" zu Chrëschtnech, Sektioun C vu Chrëscht-nech aus dem ëffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz ëmzeklasséieren, fir dësen zum Maartpräis ze verlounen. Dëse Wee huet eng Fläch vun 8 Ar an 23 Zentiar an ass um Kadaster ënner der Nummer 143/4742 vun der Gemeng Waldbëlleg agedroen.

Des Weideren entscheet de Gemengerot den Avis vum Aarbechtsgrupp iwwer d'Vëlos- a Wanderweeër ze froen, fir e Konzept iwwer d'Foussgänger- a Vëlos-weeër auszeschaffen, déi d'Uertschafte Freckeisen, Chrëschtnech a Waldbëlleg solle matenee verbannen.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg:

- um Pacte Logement 2.0 deelzehuelen
- déi initial Konventioun mam Lëtzebuerger Stat no der Ënnerschrëft ze bewëllegen
- de Schäfferot ze froen, en externe Logementsconseiller ze proposéieren
- der Inneministerin an dem Logementsminister dës Entscheedung matzedeelen.

**7.** De Gemengerot entscheet den Avenant zum Text vum Règlement d'ordre intérieur, dat de Gemengerot sech de 7. Februar 2019 ginn huet unzehuelen. Laut dësem Avenant soll den Artikel 8 esou ersat ginn:

„D'Rapporte vun den Deliberatiounen a vun den Entscheedungen déi vum Gemengerot geholl ginn, ginn um Internetsite an am Gemengebuet „De FUUSS", dee gratis un all Haushalt verdeelt gëtt, publizéiert. D'Rapporte vun de Gemengerotssëtzunge sinn op lëtzebuergesch geschriwwen, d'Decisiounen déi vum Gemengerot geholl ginn, sinn op franséisch geschriwwen. D'Froen déi vun de Gemengerotsmembere laut Artikel 6 gestallt ginn an d'Äntwerten op dës Froen, ginn och am Gemengebuet publizéiert op där Sprooch, déi fir d'Fro an d'Äntwert ausgewielt ginn ass.

D'Datume vum Erschénge vum Gemengebuet gi vum Gemengerot fixéiert.

D'Gemengerotsmembere kréien d'Rapporte vun den Deliberatioune virum Drock vum Gemengebuet ze iwwerliesen. Si kënnen der Buergermeeschtesch Propose fir Ännerungen um Text bannent 3 Deeg nom Erhalt vun de Rapporten ënnerbreeden. Wann dësen Delai ofgelaf ass, entscheet d'Buergermeeschtesch iwwer d'Ännerungen um Text, deen da publizéiert gëtt."

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, déi heiten Indemnitéiten ze fixéieren, déi d'Agenten, déi d'Vollekszielung 2021 maachen, ze gutt hunn:

- 21 € fir d'Deelhuelen un enger Formatioun;
- 0,85 € pro gezieltem Gebai;
- 1,70 € pro gezieltem Haushalt;
- 1,00 € pro gezielter Persoun.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg den ordinäre Budget vum Exercice 2021 esou ze änneren:

| | |
|---|---|
| Méi un Einnamen | 6.000 € |
| Méi un Ausgaben | 50.400 € |

**10.**

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënner dem Artikel „Ausbau vun der Maison relais", en zousätzleche Kredit vu 66.500,00 € ze stëmmen, fir de Kredit op 78.585,08 € eropzesetzen.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënner dem Artikel „Zouenen Ënnerstand fir Vëloen mBox", en zousätzleche Kredit vun 9.127,76 € ze stëmmen, fir de Kredit op 33.466,49 € eropzesetzen.

c) De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënner dem Artikel „Uschafung vu Smart Meters am Kader vum Projet Waldbëlleg gëtt Digital", en zousätzleche Kredit vun 10.530,45 € ze stëmmen, fir de Kredit op 28.530,45 € eropzesetzen.

d) De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënner dem Artikel „Aussergewéinlechen Ënnerhalt vun de Gemengegebaier", en zousätzleche Kredit vu 25.000,00 € ze stëmmen, fir de Kredit op 29.651,26 € eropzesetzen.

e) De Gemengerot entscheet eestëmmeg ënner dem Artikel „Installatioun vun engem Tableau deen den Tëschestand bei Spiller an der Sportshal uweist", en zousätzleche Kredit vu 14.500,00 € ze stëmmen, fir de Kredit op 64.500,00 € eropzesetzen.

**11.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) keng Komplementarwalen ofzehalen, fir déi fräi Plaz am Gemengerot no der Demissioun vum Här Theo Moulin nei ze besetzen.

**12.** De Gemengerot wielt de Schäffe Serge Boonen aus als Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum Sigre.

**13.** De Gemengerot wielt de Conseiller Marc Barthelemy aus als stellvertriedenden Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum Gemengesyndikat fir d'Bauen, d'Bewirtschaftung an den Ënnerhalt fir d'Waasserversuergung zu Suewelbuer an

dem Freckeisen, tëschent de Gemengen Ärenzdall a Waldbëlleg.

**14.** De Gemengerot wielt d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer aus als Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am Syndicat d'initiative et de tourisme vun der Gemeng Waldbëlleg.

**15.** De Gemengerot ernennt de Schäffe Jean-Joseph Tholl als Member vum Comité de surveillance „Heringer Millen Mëllerdall".

**16.** De Gemengerot wielt d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer als Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am lokalen Aktiounsgrupp Leader Mëllerdall.

**17.** De Gemengerot wielt de Schäffe Jean-Joseph Tholl als stellvertriedenden Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg vun der A.S.B.L. CIGR Mëllerdall.

**18.** De Gemengerot ernennt de Schäffe Jean-Joseph Tholl als Member vun der Integratiounskommissioun.

**19.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zu der Konventioun an de generelle Konditioune fir d'Joer 2021 vum Club Senior „An der Loupescht".

**20.**

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn fir den Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 616/4686, vun der Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, an zwou Parzellen ze deelen, laut Plang, dee bei der Demande mat agereecht ginn ass.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn, fir d'Terraine 435/LOT1, 435/LOT2, 437/LOT3 a 437/LOT4, geleeën an der rue de la Montagne zu Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg, laut agereechtem Plang ze deelen.

**21.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir de Punkt 2021-07-22 „Ufro vun de Gemenge Rouspert-Mompech an Iechternach fir eng finanziell Ënnerstëtzung fir geschiedegt Awunner duerch d'Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021" op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

**22.** De Conseiller Bender hëlt gär Positioun zu der Fro, déi vun de Conseillere Barthelemy a Meyers gestalt ginn ass. Hien ënnersträicht, datt hie sech freet, datt de Schäfferot de Conseillere Bender, Michels an Tobes proposéiert huet, hir Kandidatur fir de fräie Schäffeposten ze stellen. Hien erkläert, datt si dräi sech net als Oppositioun gesinn, mee datt se enger klorer Linn noginn. Hie seet, datt een an eiser Gemeng net vun enger Koalitioun ka schwätzen, well de Walsystem net mat politesche Parteie funktionéiert. Hie gëtt zou, datt sech déi politesch Linne vum Schäfferot, deen aktuell a Funktioun ass, vun deene vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes ënnerscheet an datt hien an d'Conseillere Michels an Tobes sech mat engem Programm, deen hir Ziler festhält, opgestallt hätten.

De Conseiller Bender freet nach eemol nom Präis vun den SMS2citizen, iwwer deen an enger vergaangener Sëtzung schonn eemol riets war. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt dëst direkt no där Reunioun matgedeelt gouf.

De Conseiller Bender preziséiert, datt de Schäfferot wärend der grousser Vakanz eng Informatiounsversammlung organiséiert hat, fir d'Awunner vu Waldbëlleg iwwer d'Aarbechten fir d'Kläranlag an d'Bild ze setzen, dës Reunioun hätt awer genau esou gutt kéinten ausserhalb vun der Vakanz stattfannen. De Schäfferot erkläert, datt d'Awunner direkt invitéiert goufen, nodeems d'Gemeng d'Informatioun vum Ingenieursbüro krut, datt d'Aarbechten nom Kollektivcongé géifen ugoen. Wann de Schäfferot zu deem Moment gewosst hätt, datt d'Aarbechten sech duerno géifen anescht erausstellen, hätt en d'Awunner no der Vakanz geruff. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt d'Presentatioun vun dëser Versammlung och um Internetsite vun der Gemeng ze consultéieren ass. De Conseiller renseignéiert sech iwwer d'Informatioun, déi hie krut, datt Piff an d'Kläranlag gelaf wier. De Schäfferot bestätegt, datt et sech hei ëm en Accident handelt, bei deem ganz séier reagéiert gi wier.

D'Conseillère Meyers bedauert, datt den hëlzene Stee am Mëllerdall, dee wärend dem Héichwaasser am Juli beschiedegt gouf nach ëmmer net gefléckt ass. De Schäfferot erkläert, datt de Fierschter a seng Ekipp am Moment vill Aarbecht hätten, fir Weeër an d'Rei ze setzen no den Iwwerschwemmungen an dem ville Reen wärend de Summerméint.

De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer de Questionnaire, dee vun der Integratiounskommissioun ausgeschafft gouf. Hie freet ob de Formulaire, deen a Preparatioun ass, och un d'Conseillere kéint geschéckt ginn, fir datt déi eventuell Froen iwwer de Logement kënnen derbäi setzen.

De Conseiller Michels informéiert sech iwwer d'Schied un der Halermillen, déi wärend den Héichwaasser entstane sinn. Hie seet, datt d'Bréck op däser Plaz anscheinend beschiedegt gouf. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt weider Informatiounen heizou géife bei Ponts & Chaussées gefrot ginn.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/8

**Sëtzung vum Donneschdeg, de 27. Oktober 2021**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// RUPPERT Kim, Sekretärin f.f..

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2021-08-01 | Personalaffär – Changement vum Gehältergrupp. |
| 2021-08-02 | Personalaffär – Speziell Indemnitéit. |
| 2021-08-03 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2021-08-04 | Avenant zum Circulatiounsreglement vum 29. Juni 2017. |
| 2021-08-05 | Auserwiele vun engem Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum Office régional du tourisme Regioun Mëllerdall – kleng Lëtzebuerger Schwäiz. |
| 2021-08-06 | Auserwiele vum Klimaschäffen. |
| 2021-08-07 | Entscheedung fir en Opruff ze maache fir d'Klimateam nei ze besetzen. |
| 2021-08-08 | Avis iwwer d'Propose fir d'Haus geleeën op der Nummer 3 um Freckeisen als nationaalt Monument ze klasséieren. |
| 2021-08-09 | Ufro vun de Gemenge Rouspert-Mompech an Iechternach fir eng finanziell Ënnerstëtzung fir geschiedegt Awunner duerch d'Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021. |
| 2021-08-10 | Prinzipienentscheedung iwwer de Verkaf vun 2 Gefierer vum techneschen Déngscht. |
| 2021-08-11 | Bewëllegung vun enger Servitude. |
| 2021-08-12 | Schafe vun engem Poste fir den techneschen Déngscht. |
| 2021-08-13 | Ufro fir d'Deele vun Terrainen. |
| 2021-08-14 | Gewéinlech budgetär Modifikatiounen. |
| 2021-08-15 | Prinzipienentscheedung iwwer d'Zurverfügungstelle vun Diecher vu Gemengegebaier fir d'Energiekooperativ Mëllerdall. |
| 2021-08-16 | Entscheedung iwwer e Virkafsrecht. |
| 2021-08-17 | Bewëllegung vun engem Compromis. |
| 2021-08-18 | Presentatioun vum Vir-Projet vum Ausbau vum Schoulgebai. |
| 2021-08-19 | Subsidienufroen. |
| 2021-08-20 | Verschiddenes. |

Nom Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Marc Barthelemy d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2021-08-21 | Entscheedung iwwer d'Erschéngungsdatume vum De FUUSS 2022-1, 2022-2, 2022-03 an 2023-1. |

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e Fonctionnaire an en neie Gehältergrupp ze nennen.

**2.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, engem Fonctionnaire eng speziell Indemnitéit auszebezuele wärend der Periode vum Ersetze vun der Gemengesekretärin.

**3.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Froe gestallt:

„Vëlossummer 2021: 20.000 Leit waren dëse Summer mam Vëlo ënnerwee" esou eng Annonce op RTL.

- *Wéi eng Käschten hat d'Gemeng bei der Organisatioun vum Vëlossummer 2021?*
- *Wat ass de Fazit fir eis Gemeng?*
- *Ass eng Participatioun fir 2022 virgesinn?*

D'Mobilitéitswoch war vum 16. bis den 22. September 2021 mam Theema „Sécherheet an eng gutt Gesondheet mat der nohalteger Mobilitéit".

- *War ausser dem TOUR du DUERF e weidert Evenement geplangt?*
- *Wat ass de Fazit fir d'Gemengeresponsabel vun dëser Woch?*
- *Ass eng Participatioun fir 2022 virgesinn?*

Et ware keng aner Evenementer geplangt. Et ass eng flott Initiative un där ëmmer vill Leit deelhuelen. Dowéinst ass et virgesinn nees 2022 bei der Mobilitéitswoch matzemaachen.

Elo wou déi nei mBox (Vëlosparkstatioun) zu Chrëschtnech op der Duerfplaz steet, hate mir gefrot och d'Bushaischen dohinner ze verréckelen.

- *Wat ass an deem Dossier den aktuelle Stand?*

D'mBox ass a Betrib a ka genotzt dinn. Déi lescht kleng Aarbechte ginn am Dezember gemaach. Momentan ass et keng Prioritéit fir d'Bushaischen ze verréckelen. De Schäfferot géif sech éischter derfir asetzen, fir datt d'Vitess op 30 km/h géif erofgesat ginn.

D'Aarbechte vum Trapenhaus an de Lift vum Musekssall zu Waldbëlleg schénge vu bausse souwäit ofgeschloss ze sinn.

- *Vu wéini un ass deen Deel vum Bau operationell?*

Dat stëmmt, dës Aarbechte sinn esouwäit fäerdeg. Et feele just nach eng Baussendier fir op d'Terrasse an zwou Fënsteren am Musekssall selwer, déi wéint dem Brandschutz ersat musse ginn. De Lift muss nach ofgeholl ginn. D'Gebai misst Enn Januar genotzt kënne ginn.

D'Conseillere Meyers a Barthelemy hunn déi heite Froe gestallt:

Den Inneministère an de CGDIS hunn eng grouss Campagne lancéiert fir Éischt-Hëllef-Coursen. Esou e Cours dauert 16 Stonnen.

- *Géif de Schäfferot déi néideg Schrëtt ënnerhuelen, fir den Awunner vun eiser Gemeng d'Offer vun esou Coursen ze maachen? Vläit weekends?*

De CGDIS organiséiert reegelméisseg Coursen an der Ëmgéigend. De Schäfferot informéiert sech wéini a wou déi nächst stattfannen.

Den Educatiounsministère iwwerhëlt d'Käschte fir d'Course vu Kanner a Jugendlechen an de Conservatoiren a Museksschoulen. Bis elo sinn déi bei eis vun der Gemeng iwwerholl ginn.

- *Wéi vill Sue spuert eis Gemeng duerch déi Mesure?*

Dëst soll vun der nächster Rentrée u gëllen. Et ass nach net ganz kloer wéi d'Käschte sollen iwwerholl ginn.

De Conseiller Barthelemy huet déi heite Fro gestallt:

Ech hat am Summer proposéiert, Nëschtkëschtercher fir Meesen ze bestellen an opzehänken, als Mesure géint d'Eechepressessiounsraupen.

- *Ass dat virgesinn, kéinten och Privatleit där kréien, kéint dat am FUUSS ugekënnegt ginn?*

Esou Nëschtkëschtercher kënne beim CIGR bestalt ginn. De Schäfferot informéiert sech nach beim Natur- a Geopark Mëllerdall. Hei fannt Dir d'Unzuel un Eechen bei der Auswiel fir d'Beem fir déi Neigebueren, déi d'Gemeng offréiert huet: 2013: 2, 2015: 2, 2016: 1, 2017: 1; 2018: 2, 2019: 0, 2020: 0.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Avenant vum Circulationsreglement vum 29. Juni 2017, esou wéi et vum Schäfferot proposéiert gouf.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Conseiller Mike Michels Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg am Office régional du tourisme Regioun Mëllerdall – kleng Lëtzebuerger Schwäiz ze nennen.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer als Klima-

schäffen ze nennen, dëst am Kader vum Bäitrëtt vun der Gemeng Waldbëlleg an de Klimapakt 2.0.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dat neit Klimateam aus 6 Gemengerotsmemberen, 1 Member vum Personal vun der Gemeng an engem Klimaberoder zesummenzesetzen. Zousätzlech gëtt en Opruff un d'Awunner aus der Gemeng gemaach fir 3 fräi Posten ze besetze fir d'Periode 2021-2023.

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e favorabelen Avis ze ginn, fir d'Haus op der Nummer 3 um Freckeisen, wat um Kadaster ënner der Nummer 875/757, Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, als nationaalt Monument klasséieren ze loossen.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Awunner aus de Gemenge Rouspert-Mompech an Iechternach, déi duerch d'Héichwaasser de 14. a 15. Juli 2021 Schued haten, net finanziell ze ënnerstëtzen, an dem Volleyball-Club Iechternach weiderhin d'Sportshal zu Waldbëlleg zur Verfügung ze stellen.

**10.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Trakter Fendt 716 Vario mat enger Mindestoffer vu 25.000 € an de Mercedes Unimog 1550l mat enger Mindestoffer vun 12.000 € un dee Meeschtbiddenden ze verkafen.

**11.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun iwwer d'Servitude vum 19. Oktober 2021, laut wéi enger den Här Serge Boonen der Gemeng Waldbëlleg erlaabt mat Reewaasserleitungen iwwer eng Längt vun 39,32 Meter duerch säin Terrain, agedroen um Kadaster ënner der Nummer 235/48069, Sektioun B vu Waldbëlleg, ze fueren.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, een Aarbechterposten aus dem Gehältergrupp B fir den techneschen Déngscht ze schafen.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Projet fir d'Terrainen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 402/4745 a 405/4383 agedroe sinn, esou ze deelen, wéi et am Plang, deen der Demande bäilouch, virgesinn ass.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg en Transfert vun engem Kredit am gewéinleche Budget. Dës Modifikatioun huet keen Afloss op d'Endresultat vum Budget vum Exercice 2021.

**15.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Schäfferot dermat ze beoptragen, eng Konventioun mat der Energiekooperativ Mëllerdall auszeschaffen an där d'Modalitéiten an d'Konditioune gereegelt sinn, fir der Kooperativ den Daach vum Gebai vum techneschen Déngscht an dee vun der Kierch zu Chrëschtnech fir Photovoltaikanlagen zur Verfügung ze stellen.

**16.**

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, vum Virkafsrecht betreffend d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 333/2342, 333/2391, 333/2392, 333/2395, 333/2389, Sektioun A vun Haler agedroe sinn an déi eng Gesamtfläch vu 7 Ar a 76 Zentiar hunn, zeréckzetrieden.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg. vum Virkafsrecht betreffend d'Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 245/2374, Sektioun A vun Haler agedroen ass, zeréckzetrieden.

**17.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Compromis vum 19. Oktober 2021, laut deem d'Gemeng eng Emprise, déi um Kadaster agedroen ass ënner der Nummer 545/4744, Sektioun C vu Chrëschtnech mat enger Fläch vu 6 Zentiar zum Präis vun 42,00 € keeft.

**18.** De Gemengerot hëlt Kenntnis vum Avant-Projet vum Ausbau vun der Grondschoul, esou wéi e vum Schäfferot presentéiert gëtt.

**19.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, deenen heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Médecins sans frontières Luxembourg asbl;
- Fondation école de musique de l'union Grand-Duc Adolphe;
- Mitica – Association d'aide à l'enfance;
- Padem;
- Stand Speak Rise Up! asbl.

**20.** De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer d'Aarbechten, déi de Moment an der rue Hierheck zu Chrëschtnech amgaange sinn a freet wéi laang dës nach daueren.

D'Buergermeeschtesch erkläert, datt et sech heibäi ëm Aarbechte vu Post Luxembourg S.A. handelt, déi am Kader vum Ausbau vum Glasfasernetz ausgefouert ginn an datt d'Entreprise dës Aarbechten ugefaangen

huet ouni am Viraus en temporäert Circulatiounsreglement unzefroen. Nodeems d'Firma drop higewise ginn ass, datt se muss eng Geneemegung froen, fir den Trafic op dëser Plaz kënnen ze reglementéieren, ass dëst gemaach ginn an de Chantier adequat ausgeschëldert ginn an et si rout Luuchten opgestallt ginn. Wat d'Dauer vun dësen Aarbechten ugeet, huet d'Gemeng keng Informatiounen.

De Conseiller Tobes informéiert sech iwwer d'Dauer vum Bail vum ale Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt dësen op 2 Joer leeft mat stëllschweigender Verlängerung.

De Conseiller Michels begréisst d'Iddi vum Ausbau vun der Grondschoul an datt esou séier e Projet ausgeschafft gouf. Hie bedauert allerdéngs, datt kee generellt Konzept elaboréiert gouf, wat de Précoce, d'Spillschoul an d'Maison relais mat abënnt. Hie widderhëlt säi Virschlag, fir e pedagogesche Conseiller anzeschalten, dee beim Ausschaffe vun esou engem Projet hëlleft.

Ausserdeem relancéiert hie seng Ufro vun enger Crèche vum Alter vun dräi Méint un. Hie seet e géif ëfters vu jonke Koppelen héieren, déi et schued fannen, datt et keng Offer fir déi ganz Kleng an der Gemeng Waldbëlleg gëtt. Hie mécht e waarmen Appell un de Schäfferot, fir dëse Projet virunzedreiwen. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt d'Maison relais am Moment scho Schwieregkeeten hätt, fir d'Kanner aus dem Grupp vun de Fiissercher, tëschent 18 Méint a 4 Joer, all ënnerdaach ze kréien, an datt d'Offer fir nach méi Kanner am bestoende Gebai sech als schwiereg erweist. D'Buergermeeschtesch deelt awer mat, datt de Schäfferot sech nach eemol mat der Chargée de direction vun der Maison relais zesummesetzt, fir iwwer eventuell Léisungen a Méiglechkeeten ze schwätzen.

D'Conseillère Meyers informéiert, datt déi nei Bréck am Kalkewee kee Gelänner huet. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt déi al Bréck och net ofgesécher war, mee datt dëst awer effektiv geféierlech ass. De Schäfferot wäert iwwerpréiwen, wat hei méiglech ass fir Accidenter ze vermeiden.

D'Conseillère Meyers informéiert och, datt säit kuerzem Gréngeschnatt um Feldwee de Baangels zu Chrëschtnech erop am Agang vum Bësch ofgeluecht gëtt, soudatt keng Foussgänger méi laanscht kommen. D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt et sech bei dësem Wee ëm e Privatwee handelt, an datt d'Gemeng deemno hei net kann intervenéieren.

**21.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Marc Barthelemy d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir de Punkt 2021-08-21 „Entscheedung iwwer d'Erschéngungsdatume vum De FUUSS 2022-1, 2022-2, 2022-03 et 2023-1" op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Datumer fir d'Erschénge vum FUUSS esou festzeleeën:

De FUUSS 2022-1
Delai fir d'Artikelen: méindes,
den 13. Dezember virun 12 Auer,
Liwwerung op d'Gemeng: vum Donneschdeg,
27. Januar 2022 un.

De FUUSS 2022-2
Delai fir d'Artikelen: dënschdes,
den 19. Abrëll 2022 virun 12 Auer,
Liwwerung op d'Gemeng: vum Donneschdeg,
2. Juni 2022 un.

De FUUSS 2022-3
Delai fir d'Artikelen: mëttwochs,
den 20. Juli 2022 virun 12 Auer,
Liwwerung op d'Gemeng: vum Donneschdeg,
15. September 2022 un.

De FUUSS 2023-1
Delai fir d'Artikelen: méindes, den
12. Dezember 2022 virun 12 Auer,
Liwwerung op d'Gemeng: vum Donneschdeg,
26. Januar 2023 un.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/9

**Sëtzung vum Méindeg, 20. Dezember 2021**

De Rapport vun där Sëtzung steet an der nächster Nummer vum FUUSS.

Den 20. Dezember 2021 huet de Gemengerot de rektifizéierte Budget 2021 an de Budget 2022 gestëmmt, mat deenen heiten Eckwäerter:

Rektifizéierte Budget 2021:

- Extraordinär Recetten: 3.544.771 Euro
- Extraordinär Depensen: 10.044.829 Euro
- Ordinär Recetten: 7.471.257 Euro
- Ordinär Depensen: 4.830.659 Euro
- Report vum Boni 2020: 5.009.960 Euro
- Presuméierte Boni Enn 2021: 1.150.500 Euro

Budget 2022:

- Extraordinär Recetten: 3.816.535 Euro
- Extraordinär Depensen: 6.629.752 Euro
- Ordinär Recetten: 7.518.978 Euro
- Ordinär Depensen: 5.459.342 Euro
- Report vum presuméierte Boni vun 2021: 1.150.500 Euro
- Definitive Boni: 396.919 Euro

Et war 2021 net néideg, e Prêt opzehuelen.

Hei fannt Dir eng Opléschtung vun de groussen Investissementer déi ëmgesat, respektiv an der Planung sinn:

- Vergréisserung vun der Grondschoul
- Bau vun enger zentraler Heizung mat Wärmenetz fir d'Gemengegebaier
- Vergréisserung vum Gemengenhaus
- Reamenagement vum Zentrum vu Waldbëlleg
- Bau vun engem ënnerierdesche Passage fir Vëlo a Foussgänger am Kader vum Reamenagement vun der Kräizung op der Präiteler Bréck
- Bau vun der Spillplaz am Mëllerdall
- Bau vun Ofwaasserleitungen, getrennte Reewaasserleitungen an Apport un de Sidest fir de Bau vun enger neier Kläranlag
- Waasserleitungen
- Reparéiere vun Iwwerschwemmungsschied
- Waasserschutzmesuren
- Astandsetze vun der Bëllegerbaach am Mëllerdall no den Héichwaasserschied
- Astandsetzung vu Feld- a Bëschweeër
- 5G-Netzaarbechten
- Erneierung vum Daach vun der Chrëschtnecher Kierch
- Reamenagement vum Camping am Mëllerdall
- Neikaf vu Material fir den techneschen Déngscht
- Adaptatioun vum Circulatiounsreglement

En Deel vun deenen Depensë gi vum Staat subsidéiert.



*Foto: Damaris*

# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible que les délibérations officielles, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, la version française fondée sur les décisions inscrites au dossier des délibérations fait foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2021/7

**Séance du jeudi, 23 septembre 2021**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2021-07-01 | Nomination définitive d'un fonctionnaire communal. |
| 2021-07-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2021-07-03 | Plan de gestion annuel 2022 pour la propriété forestière de la commune de Waldbillig. |
| 2021-07-04 | Approbation d'un contrat de travail. |
| 2021-07-05 | Prise de position aux réclamations introduites lors d'une enquête publique dans le cadre du déclassement d'une parcelle du domaine public communal en domaine privé communal et décision sur ce déclassement. |
| 2021-07-06 | Décision de principe sur la participation au Pacte Logement 2.0. |
| 2021-07-07 | Avenant au règlement d'ordre intérieur du conseil communal du 7 février 2019. |
| 2021-07-08 | Fixation des indemnités revenant aux agents-recenseurs pour le recensement général de la population du 8 novembre 2021. |
| 2021-07-09 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2021-07-10 | Modifications budgétaires extraordinaires. |
| 2021-07-11 | Démission de Monsieur Théo Moulin de ses fonctions de conseiller communal. |
| 2021-07-12 | Désignation d'un délégué auprès du Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés Sigre. |
| 2021-07-13 | Désignation d'un délégué suppléant au Syndicat de communes pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau dans les communes de la Vallée de l'Ernz et Waldbillig à Savelborn et Freckeisen. |
| 2021-07-14 | Désignation d'un délégué du Syndicat d'initiative et de tourisme de la commune de Waldbillig |
| 2021-07-15 | Désignation d'un membre du comité de surveillance « Heringer Millen Mëllerdall ». |
| 2021-07-16 | Désignation d'un délégué auprès du Groupe d'action locale Leader Mullerthal. |
| 2021-07-17 | Désignation d'un délégué-suppléant à l'a.s.b.l. CIGR Mëllerdall. |
| 2021-07-18 | Désignation d'un conseiller communal comme membre de la commission d'intégration. |
| 2021-07-19 | Approbation de la Convention 2021 relative au Club Senior « An der Loupescht ». |

2021-07-20 Demande d'approbation de projets de morcellement de terrains.
2021-07-21 Demandes de soutien des sinistrés des inondations du 14 et 15 juillet 2021 des communes de Rosport-Mompach et de la Ville d'Echternach.
2021-07-22 Divers.

Le conseil communal décide unanimement de nommer définitivement Monsieur CREMER Laurent au poste de fonctionnaire du groupe de traitement B1, sous-groupe technique, de l'administration communale de Waldbillig, et ceci avec effet rétroactif au 1er septembre 2021.

**1.** Des questions ont été posées par les conseillers Barthelemy et Meyers ; la bourgmestre y a répondu.

**2.** Le conseil communal approuve le plan de gestion des forêts communales de l'exercice 2022 comme suit :

| | Salaires | Factures | **Investissements** | **Recettes** |
|---|---|---|---|---|
| Gestion durable et protection des forêts | 19.000,00 | 29.000,00 | 48.000,00 | 51.000,00 |
| Sensibilisation et information du public | 7.500,00 | 1.500,00 | 9.000,00 | |
| Logistique et personnel | 12.000,00 | 19.500,00 | 31.500,00 | |
| | 38.500,00 | 50.000,00 | **88.500,00** | **51.000,00** |

**3.** Le conseil communal approuve le contrat de travail à durée indéterminée conclu entre Monsieur Fränk Diederich et le collège des bougrmestre et échevins portant nomination au poste d'employé communal du groupe de traitement B1, sous-groupe éducatif et social à raison de 40 heures par semaine.

**4.** Le conseil communal donne avec cinq voix contre deux voix (les conseillers Bender et Tobes) et une abstention (le conseiller Michels) son accord au déclassement du domaine public communal en domaine privé communal d'une partie du chemin rural situé au lieu-dit « Auf Kasselhoecht » à Christnach, section C de Christnach en vue de donner en location au prix du marché la partie de ce chemin rural d'une contenance de 8 ares 23 ca qui est inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig sous le numéro 143/4742.

**5.** Par ailleurs, le conseil communal décide de demander l'avis du groupe de travail « Vëlos- a Wanderweeër » sur un concept de chemins piétonniers et cyclistes reliant les localités de Freckeisen, Christnach et Waldbillig.

**6.** Le conseil communal décide unanimement :

- de participer au Pacte Logement 2.0
- d'approuver après sa signature la convention initiale avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg
- de demander au collège échevinal de proposer un conseiller logement externe et
- de communiquer la présente décision au ministère de l'Intérieur et au ministère du Logement.

**7.** Le conseil communal décide d'approuver l'avenant au texte du règlement d'ordre intérieur du conseil communal du 7 février 2019, consistant à remplacer le texte suivant sous l'article 8 du règlement :

« Le résumé des délibérations ainsi que les décisions prises par le conseil communal, retenues dans les délibérations, sont publiés sur Internet et dans un bulletin communal distribué gratuitement à tous les ménages de la commune. Le résumé des délibérations est rédigé en langue luxembourgeoise ; les décisions prises par le conseil communal sont rédigées en langue française. Les questions posées par les conseillers selon l'article 6 ainsi que les réponses y relatives sont également publiées dans ce bulletin, dans la langue choisie pour la question et la réponse.

Les dates de parution du bulletin communal sont fixées par le conseil communal.

Les membres du conseil communal obtiennent communication du résumé des délibérations avant l'impression du bulletin. Ils peuvent soumettre des propositions de rectification à la bourgmestre dans un délai de trois jours. Passé ce délai, la bourgmestre décide des rectifications à apporter au texte qui est alors publié. »

**8.** Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de fixer les indemnités communales revenant aux agents-recenseurs chargés de la distribution et de la collecte des questionnaires du recensement général de la population du 1er juin 2021 comme suit :




- 21 € pour la participation à une conférence d'instruction ;
- 0,85 € par immeuble recensé ;
- 1,70 € par ménage recensé ;
- 1,00 € par individu recensé.

**9.** Le conseil communal décide unanimement de porter des modifications au budget ordinaire de l'exercice 2021 avec le résultat suivant :

recettes en plus 6.000 €
dépenses en plus 50.400 €

**10.**

a) Le conseil communal décide unanimement de voter sous l'article « Maison relais extension » un crédit supplémentaire de 66.500,00 € pour porter le crédit à 78.585,08 €.

b) Le conseil communal décide unanimement de voter sous l'article « Abri fermé pour bicyclettes mBox » un crédit supplémentaire de 9.127,76 € pour porter le crédit à 33.466,49 €.

c) Le conseil communal décide unanimement de voter sous l'article « Acquisition Smart Meters dans le cadre du projet Waldbëlleg gëtt Digital » un crédit supplémentaire de 10.530,45 € pour porter le crédit à 28.530,45 €.

d) Le conseil communal décide unanimement de voter sous l'article « Entretien extraordinaire de bâtiments communaux » un crédit supplémentaire de 25.000,00 € pour porter le crédit à 29.651,26 €.

e) Le conseil communal décide unanimement de voter sous l'article « Installation d'un tableau marquoir de score au hall sportif à Waldbillig » un crédit supplémentaire de 14.500,00 € pour porter le crédit à 64.500,00 €.

**11.** Le conseil communal décide avec 5 voix contre 3 voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes) de renoncer à des élections complémentaires à l'effet de pourvoir à place devenue vacante par suite de la démission de Monsieur Théo Moulin de ses fonctions de conseiller de la commune de Waldbillig.

**12.** Le conseil communal désigne l'échevin Serge Boonen au poste de délégué de la commune de Waldbillig auprès du Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach (Sigre).

**13.** Le conseil communal désigne le conseiller Marc Barthelemy au poste de délégué de la commune de Waldbillig au Syndicat de communes pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau dans les communes de la Vallée de l'Ernz et Waldbillig à Savelborn et Freckeisen.

**14.** Le conseil communal désigne la bourgmestre Andrée Henx-Greischer au poste de déléguée du Syndicat d'initiative et de tourisme de la commune de Waldbillig.

**15.** Le conseil communal nomme l'échevin Jean-Joseph Tholl membre du comité de surveillance « Heringer Millen Mëllerdall ».

**16.** Le conseil communal désigne la bourgmestre Andrée Henx-Greischer comme déléguée du Groupe d'action locale Leader Mullerthal.

**17.** Le conseil communal désigne l'échevin Jean-Joseph Tholl comme délégué suppléant à l'a.s.b.l. CIGR Mëllerdall.

**18.** Le conseil communal décide de nommer l'échevin Jean-Joseph Tholl comme membre de la commission consultative d'intégration.

**19.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord à la convention et aux conditions générales pour l'année 2021 du Club Senior « An der Loupescht ».

**20.**

a) Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 616/4686, section C de Christnach en deux parties, selon le plan joint à la demande.

b) Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement des quatre lots numéro 435/LOT1, 435/LOT2, 437/LOT3 et 437/LOT4, sis dans la rue de la Montagne, section B de Waldbillig, d'après le plan annexé à la demande.

**21.** Le conseiller Bender souhaite prendre position à la première question posée par les conseillers Barthelemy et Meyers. Il souligne qu'il se réjouit que le collège échevinal ait proposé aux conseillers Bender, Michels et Tobes de poser leur candidature en tant qu'échevin après la démission de l'échevin Moulin. Il souligne qu'eux trois ne se voient pas comme « opposition » mais qu'ils suivent une ligne claire. Il évoque qu'on ne peut parler de coalition dans notre commune parce que le système électoral ne fonctionne pas avec partis politiques. Il affirme que les lignes politiques divergent de celle du collège échevinal en fonction et que lui et les conseillers Michels et Tobes se sont présentés aux élections avec un programme contenant leurs objectifs.

Il se renseigne encore une fois sur le prix des SMS2citizen, dont il était question pendant une séance passée. La bourgmestre répond que cette communication avait été faite sans délai après cette réunion.

En outre, il précise que le collège échevinal a organisé une réunion d'information durant les vacances d'été pour les habitants de la localité de Waldbillig, au sujet des travaux d'assainissement des eaux usées, qui aurait tout aussi bien pu être tenue hors de la période des vacances. Le collège échevinal répond que les citoyens ont été convoqués aussitôt après la communication du bureau d'ingénieur du début des travaux dans le centre de Waldbillig, qui auraient dû commencer dès la reprise après le congé collectif. Si le collège échevinal avait su que la suite des travaux se présenterait différemment par après, il aurait invité les citoyens après les vacances. La bourgmestre informe que la présentation de cette réunion se trouve quand même aussi sur le site internet de la commune.

Le conseiller se renseigne sur l'information qu'il a reçue sur le fait que du lisier s'est écoulé dans la station d'épuration. Le collège échevinal confirme qu'il s'agit d'un accident auquel il a été réagi très vite.

La conseillère Meyers regrette que le chemin à pilotis à Mullerthal, abîmé lors des hautes eaux du 14 juillet 2021 n'ait pas encore été réparé. Le collège échevinal explique que le service forestier a beaucoup de chantiers en cours dus aux inondations et fortes pluies des mois d'été.

Le conseiller Tobes se renseigne sur le questionnaire élaboré par la commission d'intégration. Il demande si le formulaire en préparation pourrait être envoyé aux membres du conseil communal afin d'y ajouter des questions portant sur le logement.

Le conseiller Michels se renseigne sur les dégâts des hautes eaux à hauteur de la Halermillen à Haller. Il dit que le pont a apparemment été endommagé de nouveau. La bourgmestre répond que des informations supplémentaires en seraient demandées auprès des services de l'administration des ponts et chaussées.

**22.** Le conseil communal décide unanimement de reporter le point à l'ordre du jour de cette séance du conseil communal, à savoir « Demandes de soutien des sinistrés des inondations du 14 et 15 juillet 2021 des communes de Rosport-Mompach et de la Ville d'Echternach » à l'ordre du jour de la prochaine séance du conseil communal.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2021/8

**Séance du mercredi, 27 octobre 2021**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// RUPPERT Kim, secrétaire f.f.

Excusé:
// BENDER Maxime, conseiller.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2021-08-01 | Affaire de personnel communal – changement du groupe de traitement. |
| 2021-08-02 | Affaire de personnel communal – supplément personnel. |
| 2021-08-03 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2021-08-04 | Avenant au règlement de circulation du 29 juin 2017. |
| 2021-08-05 | Désignation du délégué à l'Office régional du tourisme région Mullerthal – petite Suisse luxembourgeoise. |
| 2021-08-06 | Désignation du « Klimaschäffen ». |
| 2021-08-07 | Décision de lancer un appel à candidatures pour la composition de l'équipe climat. |
| 2021-08-08 | Avis sur la proposition de classer comme monument national l'immeuble sis Maison 3 à Freckeisen. |
| 2021-08-09 | Demandes de soutien des sinistrés des inondations des 14 et 15 juillet 2021 des communes de Rosport-Mompach et de la Ville d'Echternach. |
| 2021-08-10 | Décision de principe sur la vente de deux véhicules du service technique. |
| 2021-08-11 | Approbation d'une convention de droit de passage. |
| 2021-08-12 | Création d'un poste pour les besoins du service technique. |
| 2021-08-13 | Demande de morcellement de terrains. |
| 2021-08-14 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2021-08-15 | Décision de principe sur l'utilisation des toitures des bâtiments communaux et plus particulièrement la toiture du bâtiment du service technique à Waldbillig et de l'église à Christnach pour des technologies d'énergie renouvelable. |
| 2021-08-16 | Décision sur l'exercice du droit de préemption. |
| 2021-08-17 | Approbation d'un compromis de vente. |
| 2021-08-18 | Présentation de l'avant-projet de l'extension du bâtiment de l'école fondamentale. |
| 2021-08-19 | Demandes de subsides. |
| 2021-08-20 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Marc Barthelemy a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2021-08-21 | Décision portant sur les dates de parution du bulletin communal De FUUSS 2022-1, 2022-2, 2022-03 et 2023-1. |

**1.** Le conseil communal décide unanimement de nommer un fonctionnaire dans un nouveau groupe de traitement.

**2.** Le conseil communal décide unanimement d'attribuer une indemnité spéciale au fonctionnaire remplaçant la secrétaire communale pendant la durée de son absence.

**3.** Des questions ont été posées par les conseillers Barthelemy, Bender, Meyers, Michels et Tobes.

La bourgmestre informe que le collège échevinal répondra par écrit aux questions susvisées dans le délai d'un mois.

**4.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord à l'avenant au règlement communal de la circulation du 29 juin 2017, tel que proposé par le collège des bourgmestre et échevins.

**5.** Le conseil communal décide unanimement de désigner le conseiller Mike Michels au poste de délégué suppléant à l'Office régional du tourisme région Mullerthal – petite Suisse luxembourgeoise.

**6.** Le conseil communal décide unanimement de désigner la bourgmestre Andrée Henx-Greischer au poste de « Klimaschäffen » dans le cadre de l'adhésion de la commune de Waldbillig au Pacte Climat 2.0.

**7.** Le conseil communal décide unanimement de constituer l'équipe climat par 6 membres du conseil communal, 1 membre du personnel administratif et un 1 conseiller climat et de lancer un appel aux candidatures afin de pourvoir à 3 postes vacants au sein de l'équipe climat pour la période de 2021-2023.

**8.** Le conseil communal décide unanimement d'émettre un avis favorable pour le classement comme monument national de l'immeuble sis Maison 3 à L-7649 Freckeisen, inscrit au cadastre sous le numéro 875/757, section C de Christnach.

**9.** Le conseil communal décide unanimement de ne pas soutenir les sinistrés des inondations du 14 et 15 juillet 2021 des communes Rosport-Mompach et de la Ville d'Echternach par des moyens financiers et de continuer à mettre à disposition du Volleyball-Club Echternach le hall sportif.

**10.** Le conseil communal décide unanimement de vendre au plus offrant un tracteur Fendt 716 Vario avec une offre minimale de 25.000 € tout comme une Mercedes Unimog 1550l avec une offre minimale de 12.000 €.

**11.** Le conseil communal marque son accord à la convention de droit de passage d'utilité publique du 19 octobre 2021 aux termes duquel Monsieur Serge Boonen autorise l'administration communale de passer avec les conduites d'eau pluviale sur une longueur de 39,32 mètres par son terrain, inscrit au castre sous le numéro 253/48069, section B de Waldbillig.

**12.** Le conseil communal décide unanimement de créer un poste d'ouvrier du groupe de salaire B au sein du service technique de l'administration communale de Waldbillig.

**13.** Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement des terrains inscrits au cadastre sous les numéros 402/4745 et 405/4383 selon le plan joint à la demande.

**14.** Le conseil communal décide unanimement le transfert d'un crédit dans le budget ordinaire, cette modification budgétaire n'ayant pas de répercussion sur le budget de l'exercice 2021.

**15.** Le conseil communal décide unanimement de charger le collège des bourgmestre et échevins d'élaborer une convention qui fixe entre autres les conditions et modalités d'une mise à disposition de la surface de toitures communales à la coopérative Energiepark Mëllerdall pour des installations photovoltaïques, notamment le toit de l'atelier du service technique à Waldbillig et de l'église à Christnach.

**16.**

a) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller sous les numéros 333/2342, 333/2391, 333/2392, 333/2395, 333/2389 d'une contenance totale de 7 ares 76 centiares.

b) Le conseil communal décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section A de Haller, sous le numéro 245/2374.

**17.** Le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 19 octobre 2021 aux termes duquel une emprise sise à Christnach, section C de Christnach, inscrite au cadastre sous le numéro 545/4744 avec une contenance de 6 centiares est vendue à l'administration communale de Waldbillig pour le prix de 42,00 €.

**18.** Le conseil communal prend connaissance de l'avant-projet de l'extension du bâtiment de l'école fondamentale, présenté par le collège échevinal.

**19.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- Médecins sans frontières Luxembourg asbl ;
- Fondation école de musique de l'union Grand-Duc Adolphe ;
- Mitica – Association d'aide à l'enfance ;
- Padem ;
- Stand Speak Rise Up! asbl.

**20.** Le conseiller Tobes se renseigne sur les travaux qui sont en train d'être exécutés dans la rue Hierheck où le trafic est réglé par des feux tricolores. Il demande si la commune est au courant du calendrier de ces travaux.

La bourgmestre explique qu'il s'agit en l'occurrence de travaux effectuées par la société Post Luxembourg S.A. dans le cadre de l'extension du réseau à fibre optique et que la société aurait commencé les travaux sans qu'un règlement de circulation temporaire n'ait été pris. Après avoir rendu attentif la société sur le fait de devoir demander l'autorisation pour la règlementation du trafic, un règlement temporaire de circulation a été délivré et des panneaux adéquats ainsi que des feux tricolores ont été installés. Pour ce qui est de la durée des travaux, la commune ne dispose pas d'informations.

Le conseiller Tobes s'informe sur la durée du bail de l'ancien presbytère à Christnach. La bourgmestre répond que ledit bail est de 2 ans avec tacite reconduction.

Le conseiller Michels salue l'idée de l'extension du bâtiment hébergeant l'école fondamentale et qu'un projet a été élaboré aussi vite. Néanmoins il regrette qu'il ne s'agisse pas d'un concept global incluant le précoce, le préscolaire ainsi que la Maison relais. Il recommande de nouveau d'engager un conseiller pédagogique.

Par ailleurs, il relance la demande d'une offre de crèche à partir de l'âge de 3 mois, sujet qui a déjà fait l'objet d'un discours au mois de décembre 2019. Il affirme que beaucoup de jeunes couples lui communiquent le regret qu'une telle offre n'est pas disponible dans la commune de Waldbillig. Il lance un appel fort au collège des bourgmestre et échevins de développer ce projet. La bourgmestre répond que la Maison relais rencontre actuellement même des difficultés à placer tous les enfants faisant partie du groupe « D'Fiissercher », âgés de 18 mois à 4 ans et que par conséquent l'extension de l'offre de la Maison relais se révèle davantage ardue dans les locaux existants. Néanmoins, la bourgmestre confirme que le collège échevinal se concerte avec la chargée de direction de la Maison relais sur d'éventuelles possibilités.

La conseillère Meyers informe que le nouveau pont dans la rue Kalkewee à Waldbillig n'a pas de balustrade. La bourgmestre répond que l'ancien pont n'était pas sécurisé non plus, mais qu'effectivement cette situation présenterait un danger pour les piétons. Le collège échevinal vérifiera les possibilités à envisager pour prévenir des incidents à cet endroit.

En plus, la conseillère Meyers informe que depuis peu le chemin forestier de la forêt en amont de la rue « um Bangels » est régulièrement obstrué de déchets verts de sorte que les piétons ne peuvent plus passer. La bourgmestre fait savoir qu'il s'agit en l'occurrence d'un chemin privé et que la commune n'y peut pas intervenir.

**21.** Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Barthelemy a demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point portant sur les dates de parution du bulletin communal De FUSS 2022-1, 2022-2, 2022-3 et 2023-1 à l'ordre du jour.

Le conseil communal décide unanimement de fixer les dates des bulletins communaux De FUUSS 2022-1, 2022-2, 2022-3 et 2023-1 comme suit :

De FUUSS 2022-1
Délai des articles : lundi, 13 décembre 2021 avant 12 heures,
Livraison à la commune : à partir du jeudi, 27 janvier 2022.

De FUUSS 2022-2
Délai des articles : mardi, 19 avril 2022 avant 12 heures,
Livraison à la commune : à partir du jeudi, 2 juin 2022.

De FUUSS 2022-3
Délai des articles : mercredi, 20 juillet avant 12 heures,
Livraison à la commune : à partir du jeudi, 15 septembre 2022.

De FUUSS 2023-1
Délai des articles : lundi, 12 décembre 2022 avant 12 heures,
Livraison à la commune : à partir du jeudi, 26 janvier 2023.



*Foto: Damaris*

# MIR GRATULÉIEREN



De 27.08.2021 sinn d'Mandy **Streff** an de Philippe **Claes** bestuet ginn.



De 17.08.2021 sinn d'Kim Lisa **Breser** an de Christian **Back** gepacst ginn.



Den 09.09.2021 sinn d'Soukaina **Belhaouari** an den Hamza **Ouadi** bestuet ginn.



Den 01.10.2021 sinn d'Vanessa Albert Henri Denyse **Collard** an de Eric Léopold André **Lamby** bestuet ginn.





Den 18.11.2021 sinn d'Joana Catarina **Araùjo Gomes** an de Pedro Miguel **Fernandes Gomes** gepacst ginn.



Den 19.11.2021 sinn d'Stephanie **Evers** an den Alex **Majerus** gepacst ginn.



Den 10.12.2021 sinn d'Adelisa **Adrovic** an den Alexandre Richard Vincent **Touffet** gepacst ginn.



Den 29.12.2021 sinn d'Natacha **Erpelding** an de Serge Marc **Urlings** bestuet ginn.

*Fotoe: Gemeng Waldbëlleg*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 02/08/2021 | **Daleiden** | Kai Igor | Waldbëlleg |
| 08/08/2021 | **Teixeira** | Levi | Waldbëlleg |
| 25/08/2021 | **Teniou** | Joseph Betsaleel | Haler |
| 16/09/2021 | **Letsch** | Claire | Chrëschtnech |
| 29/09/2021 | **Dielissen** | Alina Nathalie Bertha | Waldbëlleg |
| 06/10/2021 | **Tholl** | Mats | Chrëschtnech |
| 13/10/2021 | **Zandstra** | Marie | Waldbëlleg |
| 24/10/2021 | **Pala Do Rio** | Lio | Haler |
| 21/10/2021 | **Goncalves** | Lyncee Carmen | Haler |
| 26/11/2021 | **Diderrich** | Lydie | Haler |
| 26/11/2021 | **Diderrich** | Marie | Haler |
| 03/12/2021 | **Sarie** | Zakaria | Waldbëlleg |
| 17/12/2021 | **Barrela Rocha** | Mia | Haler |
| 28/12/2021 | **Ribeiro Teixeira** | Léo | Waldbëlleg |

## Stierfféll // *Décès*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 07/10/2021 | **Greischer** | Barbe | Chrëschtnech |
| 08/11/2021 | **Alves Pereira** | António | Waldbëlleg |
| 23/11/2021 | **Hof** | Gerhard Andries | Waldbëlleg |
| 31/12/2021 | **Knepper** | Yvette Alice Aloyssia | Waldbëlleg |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 27/08/2021 | **Claes** Philippe & **Streff** Mandy | Waldbëlleg |
| 09/09/2021 | **Ouadi** Hamza & **Belhaouari** Soukaina | Chrëschtnech |
| 01/10/2021 | **Lamby** Eric Léopold André & **Collard** Vanessa Albert Henri Denyse | Chrëschtnech |
| 29/12/2021 | **Urlings** Serge Marc & **Erpelding** Natacha | Waldbëlleg |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 17/08/2021 | **Back** Christian & **Breser** Kim Lisa | Chrëschtnech |
| 18/11/2021 | **Fernandes Gomes** Pedro Miguel & **Araùjo Gomes** Joana Catarina | Chrëschtnech |
| 19/11/2021 | **Majerus** Alex & **Evers** Stephanie | Waldbëlleg |
| 26/11/2021 | **Costa Martins** Samuel & **Borges Castanheira** Magalie | Chrëschtnech |
| 02/12/2021 | **Gouveia Da Costa** Jorge Junior & **Tavares** Estrela Céline | Waldbëlleg |
| 10/12/2021 | **Touffet** Alexandre Richard Vincent & **Adrovic** Adelisa | Haler |
| 14/12/2021 | **Bender** Maxime Alexandre Nicolas & **Rock** Sarah | Waldbëlleg |



# INTERVIEW PIERRE BECKENÉ



**Wéini sidd Dir op d'Gemeng Waldbëlleg schaffe komm?**

Ugefaang op der Gemeng Waldbëlleg hunn ech am Juni 1999, am Ufank stonneweis, an zënter Januar 2000 fest agestallt.

**Wat waren d'Statioune vun Ärer Carrière op der Gemeng?**

Ier ech op der Gemeng Waldbëlleg geschafft hunn, war ech Secrétaire-trésorier vum Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile, méi einfach dem Soins à domicile an der Fiels.

Well dee Beruff déi nämlecht Carrière wéi déi vum Receveur vun enger Gemeng ass, konnt ech deen Ament wiesselen.

**Firwat hat Dir d'Gemeng Waldbëlleg gewielt a virun allem: Firwat sidd Dir do bliwwen?**

No iwwer zéng Joer pendelen an d'Stad Lëtzebuerg hunn ech eng Aarbecht gesicht, déi méi no ass. Zu Fouss op d'Aarbecht kënne goen: en Dram an ee Privileg ouni Zweifel.

Doduerch datt mir eng kleng Gemeng sinn, huet d'Aarbecht sech dunn och ofwiesselungsräich erwisen, an dat och nach an enger flotter Ekipp.

**Wéi eng Erliefnesser hunn Iech an der Gemeng Waldbëlleg perséinlech markéiert? Wat gefält Iech speziell gutt an der Gemeng Waldbëlleg?**



Obschonn d'Gemeng eleng zënter 2000 an elo vu ronn 950 Awunner op aktuell iwwer 1900 gewuess ass, konnt dee ländlechen Duerfcharakter erhale bleiwen.

**Bei wat fannt Dir, datt d'Liewen an eiser Gemeng kéint verbessert ginn?**

Wat d'Liewen an der Gemeng kéint verbesseren, wier a méngen An eng Epicerie mat Bäcker. Donieft wier et flott, wann et géif geléngen, de Mëllerdall, respektiv d'Gemeng un den nationale Réseau vun de Vëlos-Pisten unzeschléissen.

**Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?**

Wa bei enger Fusioun vun 2 oder méi Gemengen näischt méi eraus kënnt wéi „méi eng staark" Gemeng am Sënn vun enger Verwaltung, déi méi grouss ass, méi Leit beschäftegt, dobäi awer méi wäit vum Bierger ass, well keen deen aner méi kennt, bleiwen ech éischter skeptesch.

*Interview: Maxime Bender*
*Fotoen: Pierre Haas*

# E STÉCK WALDBËLLEG HUET EIS VERLOOSS
# NORUFF OP DEN EDOUARD LIES

De 15. Mee 2021 hunn d'Klacken zu Waldbëlleg eng Péis gelaut. Séier huet déi traureg Noriicht sech verbreet: Den Här Edouard Lies ass dout. Genau 6 Wochen no senger Fra, der Madamm Marie-Josée Lies-Weydert. Si haten 92 an 90 Joer kritt an haten dat grousst Gléck, e laangt an erfëlltent Liewen zesummen ze verbréngen.



Den Edouard Lies ass de 4. November 1928 zu Waldbëlleg op d'Welt komm an ass do zesumme mat sengem Brudder an senger Schwëster opgewuess. No der Primärschoul zu Waldbëlleg ass hien an d'Akerbauschoul gaangen an huet fréi am Bauerebetrib doheem ugefaange mat schaffen. 1955 huet hie sech mat der Marie-Josée Weydert bestuet. D'Marie-Josée Weydert ass den 8. Mäerz 1931 zu Waldbëlleg als dat zweetjéngst vu 7 Kanner, 6 Meedercher an 1 Jong, op d'Welt komm. Si hunn an hirem Liewe vill zesummegeschafft an de Bauerebetrib iwwerholl. Si kruten 2 Kanner, d'Sylvie an den Emile, a waren houfreg Grousseltere vum Laurent an Nadine.

Niewent dem Bauerebetrib hat den Edouard Lies ee ganz groussen Hobby respektiv en zweete Beruff: seng Brennerei. Déi huet hie mat der Hëllef vu senger Fra mat grousser Leidenschaft bedriwwen. Hien hat vill trei Clienten am In- an Ausland, déi hien och nach am héijen Alter all Joer besicht hunn. Hie war och Member vun de Mëllerdaller Produzenten.

Den Edouard Lies huet ëmmer gäre getüftelt, fir seng Brennerei a säi Bauerebetrib technesch ze verbesseren. Hie konnt villes selwer maachen an anere gutt Rotschléi ginn. Gebaut huet hien och gär a vill Säck Zement verschafft.

1969 huet den Edouard Lies sech bei de Gemengewalen opgesat a gouf direkt zum Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg gewielt. Dëst Amt huet hie wärend 24 Joren, vum 1.1.1970 bis den 31.12.1993 ausgeüübt.



Wärend senger laanger Amtszäit si vill Projete realiséiert ginn, wéi d'Kläranlagen an d'Kanalnetz zu Chrëstnech, Haler a Waldbëlleg. Och un de Waasserleitungen an de Waasserbehälteren an de verschiddenen Dierfer ass vill geschafft ginn. Déi deemoleg Gemeng an der Rue des Fleurs ass ëmgebaut ginn. D'Heringer Millen am Mëllerdall ass kaf ginn. D'Krichsmonument op der Hicht ass an den 1980er-Joren opgeriicht ginn. Dat huet him vill bedeit an un déi traureg Zäit vum 2. Weltkrich erënnert, an där d'Géigend ëm Waldbëlleg vill gelidden hat a säin Heemechtshaus, sou wéi verschidden anerer, vu Granate

getraff a bal ganz zerstéiert gi war. Et war him eng Freed dëst Monument zesumme mat sengen amerikanesche Frënn a Krichsveteranen anzeweien.

D'Aarbechten an d'Ufuerderunge waren deemools nach anescht. An der Administratioun vun der Gemeng huet de Sekretär Vollzäit an de Receveur am Ufank hallef an duerno och ganz geschafft. 1970 hu 729 Leit an eiser Gemeng gewunnt, 1984 war et kuerz bis op 684 Leit erofgaangen, fir dann 1991 op 844 ze klammen. De Wuesstem ass vun do u stänneg an d'Luucht gaangen, 2013 waren et 1499 Awunner an haut si mir bei 1900 Awunner. Am Joer 1969 waren d'Recetten am ordinäre Budget bei 5.465.776 LUF, fir 2022 sinn et 7.518.978 Euro, dat ass net méi ze vergläichen.

Am Oktober 2018 gouf den Här Lies zesumme mat sengen 2 Nofollger zum Éierebuergermeeschter vun der Gemeng ernannt. Ech perséinlech fannen et schued, dass dat esou laang huet missen daueren an et virdrun net méiglech war, fir d'Politik mol op der Säit ze loossen, a just de Mënsch an de Respekt fir déi geleeschten Aarbecht ze gesinn.

Den Edouard Lies war aktiv a villen Duerfveräiner, wéi am Gesank, an der Musek a bei de Pompjeeën an huet och an Theaterstécker matgespillt. Hien huet gär gesongen, huet sou munch Lidder ëmgeschriwwen, déi hie mat Begeeschterung bei flotte lokale Geleeënheete virgedroen huet. Dobäi ass och dacks seng Zéiharmonika zum Asaz komm. Fir hie war et och ëmmer wichteg reegelméisseg bei all Museks- a Gesanksprouf present ze sinn, bis seng Gesondheet dat net méi erlaabt huet. Bei Geleeënheet vu sengem 90. Gebuertsdag huet den Edouard Lies dem Schäfferot e puer flott Lidder zum Beschte ginn, alles ouni Blat a ganz sécher an der Melodie.

D'Marie-Josée an den Edouard Lies waren ëmmer gären ënner de Leit a konnte bis an den héijen Alter un allen Aktivitéiten a Manifestatiounen deelhuelen. Sie haten déi grouss Chance fir hire Liewensowend zesummen doheem ze verbréngen. De 26. Dezember 2020 hu si nach am Krees vun hirer Famill hire 65. Hochzäitsdag gefeiert.

„Dir sidd elo net méi do wou Dir ëmmer waart an Äert Feelen deet ville Leit wéi.

Mir musse weiderfueren an eis dobäi un Iech erënneren, an dat net vergiesse wat Dir fir eis Gemeng gemaach hutt."

*Andrée Henx-Greischer*
*Fotoen: Famille Lies, Gemeng Waldbëlleg*





# MEET & GREET

Den 22. Oktober war an der Bushal eng Receptioun fir déi nei Bierger, also déi, déi rezent an d'Gemeng Waldbëlleg geplënnert sinn. Et ass drëm gaangen, si ze begréissen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, op enger Plaz alles gewuer ze ginn, dat fir e Bierger vun eiser Gemeng kéint wichteg oder interessant sinn.

De Schäfferot an d'Integratiounskommissioun haten all déi concernéiert Leit invitéiert an d'Bushal. Do konnte sech déi nawell vill Visiteuren, nom CovidCheck natierlech, op verschiddene Stänn informéieren iwwer d'Servicer vun der Gemeng an iwwer Prozeduren. D'Veräiner an Associatiounen, déi et an der Gemeng gëtt, haten d'Méiglechkeet, sech zesumme mat den Servicer vun der Gemeng virzestellen. Et war och fir Alagesiessener en interessanten Exercice, sech dat alles beienee kënnen unzekucken.

*Marc Barthelemy*













# GEMENGENIESSEN

Den 12. November hat de Schäfferot all Mataarbechter vun der Gemeng op en Iessen an der Cafeteria vun der Sportshal invitéiert, fir hinne Merci ze soe fir hiren Asaz, grad an de méi komplizéierten Zäite vun de leschte Méint.

Glécklecherweis hunn d'Coronabestëmmungen dat erlaabt an et gouf e lëschtegen an agreabelen Owend. Zur Auswiel stoung Fierkel an eppes Vegetaresches. Dat ganzt war gutt gekacht vum Traiteur Osweiler vun Iechternach a kompetent a gentil zerwéiert vu sengen zwee Mataarbechter.

*Marc Barthelemy*

















# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## PRÉ-KLEESCHEN AN DER SPILLSCHOUL

Den 30. November waren d'Spillschoulskanner mat de Virbereedunge fir de Besuch vum Kleesche beschäftegt. Si hu gemoolt, gebastelt, gesongen a ware voller Virfreed. Sou géint 11 Auer, d'Fënster vum Sall stoung grad erëm grouss op, well jo vill geléft muss ginn, hunn si d'Ouere gespëtzt. War do net ee Geräisch? Sinn dat dem Kleeschen seng Kläckelcher, déi bimmelen?

Séier ass d'Jackett ugedoe ginn an d'Kanner sinn an den Haff kucke gelaf ... vum Kleesche war leider näischt ze gesinn, mee kuck do: Am Haff louche Muerten, Äppel, Nëss an Hee. Hat de Kleeschen dat dohi geluecht, fir den Déieren eng Freed ze man? Sou wéi an der Geschicht vum Kleeschen an dem klenge Siweschléifer Glisglis? Hei: An do louch nach Schockela a Spekuloos!! Wat eng Opreegung a Freed!

D'Kanner waren sech sécher: De Kleesche war zu Waldbëlleg um Tour!

*D'Léierinne vun der Spillschoul*









## DE KLEESCHEN AM CYCLE 4

Den 1. Dezember ass de Kleesche bei eis an d'Schoul komm. Mir am Cycle 4 hunn him zesummen de „Nikolas Rapp" gesongen an all Klass huet 2 kleng Sketcher virgedroen.

Duerno krute mir ee Boxemännche vum Houseker an de Kleesche sot eis, dass d'Jofferen eis d'Kaddoen ausdeele géifen. Mir ware ganz frou iwwer d'Bicher, déi mir vum Kleesche kruten.

De 7. Dezember hate mir och nach Schockela an eise Schlappen.

*Yannis Bracco 7.12.2021*

## HARRY POTTER

Den 13. Dezember huet de Steve Karier de Kanner vun de Cyclen 3 a 4 virgelies aus dem Harry Potter senge Bicher.

*Fotoen: Nadine Gaasch an Isabelle Schmitz*








# MAISON RELAIS

An der Maison relais gouf fläisseg gebastelt, gespillt, geturnt, geschwommen, gekacht a gebak. D'Kanner hu Viz gemaach. De Kleesche koum bei si an huet hinnen hir verdéngte Kaddoe bruecht.
















MIKA



























## ADVENTS MARKET 2021

It was with great pleasure that we were once again able to organise the annual Advents Market on Friday 26th November 2021 at Waldbillig primary school. The location was changed this year and instead of taking place in the school courtyard it was held in the hall where the buses are kept. The single access of the location facilitated the Covid check, as well as provided better logistical facilities such as the kitchen and kept everyone dry from the rain.

On sale were the traditional Advent Wreaths, with the option this year of choosing a wooden block base, a very popular addition. Also on sale were homemade cakes and muffins, homemade stollen, glüwäin, glügin (we will order a bigger quantity next year for those that missed out, promise!), hot chocolate, "wienerwurst" and roasted chestnuts. New items were freshly baked homemade waffles and a tombola.


The children from cycle 3 organised a stand selling their own handmade Christmas decorations (most of which sold out between them prior to the event even starting!) as well as a second hand toys sale. The children from cycle 4 also organised a sale selling their very own handmade Christmas decorations, with some children showing signs of very persuasive sales techniques! These stands were to raise money for their annual school trips.

The whole event proved to be very successful with a high number of people attending. The atmosphere was very festive and everyone appreciated the opportunity to once again catch up with friends from the commune, both old and new. All proceeds will go towards donations to the school and Maison relais.

*Elterevereenegung Waldbillig (Waldbillig Parents Association)*









## ADVENTSMAART 2021

No enger Paus hu mir als Elterevereenegung endlech rëm eisen traditionellen Adventsmaart ofgehalen. Aus organisatoresche Grënn war en dëst Joer an der Bushal. Dodurcher konnte mir vun der Kiche profitéieren an d'Familjen sinn och méi lang um Maart bliwwen. Mat e puer neie Memberen am Comité hu mir och nei Idien ëmgesat.

Mir wëllen op dëser Platz deenen heite Leit MERCI soen:

- de Gemengenaarbechter fir hiren Asaz an der Bushal
- der Buergermeeschtesch
- dem Fränk Krier fir seng Eisekuchen
- dem Bela Varela an dem Tom Meyers fir d'Feier an d'Käschten
- der Danielle Mehlen an der Sonia Lanser fir hire spontanen Asaz
- der Nadine Varela an der Mireille Gieres fir hir kreativ Muffins an hiren Engagement bei der Tombola
- dem Roby Baden fir d'Holzplacken
- de Betriber, déi eis en Don fir eis Tombola gemaach hunn
- dem Léierpersonal, dat eis beim Covid-Check ënnerstëtzt a flott Stänn mat de Kanner opgeriicht huet
- den Elteren an de Familljen, déi eis ëmmer rëm ënnerstëtzen.

*De Comité vun der Elterevereenegung Waldbëlleg:*

*Albert Chantal, Baden Catalina, Chevalier Nathalie, De Montigny Zara, Hild Martine, Mathes Mireille, Menster Annick, Reinert Nathalie, Reuter Carole, Schmitz Jessica, Schumacher Jessica, Tobes Katrin*








HOGWARTS




MICKEY





# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*



## D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Am leschte FUUSS war den AMC net vertrueden! Do gëtt heimadder Remedur geschaf, well et ass net wéi wann eisen Aeromodelliste-Veräin net aktiv geweest wier! Keng éischt, keng zweet ... keng drëtt an net emol déi jëtzeg 4. Covid-Well konnte bis elo déi daper Pilote vun hirem schéinen Hobby ofbréngen!







Um Terrain gouf all Woch geméit, och alt gewalzt, de Wëllschwäin hier archeologesch Fouillen eliminéiert.

De Chalet vum AMC gouf gebotzt, gestrach an ënnerhalen.

Nei Konstruktioune sinn doheem realiséiert ginn, Entretien vun de Fluchmaschinnen a Restauratioun vun deenen ze fest gelante Fluchobjekter, si mat Fläiss a Suergfalt duerchgeféiert ginn .... an dann natierlech, ass jett geflu ginn!!!



Den F-Schlepp mat Bensinns-2-Takt Motoren, Eenzylinder, Boxer-Motor, mat Magnéitzündung oder awer elektronesch realiséiertem Fonken. Mat E-Power gouf och geschleeft, mat Brushless-Motoren, Lipo-Akkuen an elektronescher Reegelung.



Et gouf getest, voltigéiert a mat elektroneschem Stabilisateur experimentéiert!


Seegelfliger vun 2,4 bis iwwer 5 Meter Spannweite sinn eropgezu ginn an do konnt de Pilot da weisen, wat hie vum Schéierschwanz geléiert huet.



Groussflächeg warem Loft sichen, déi klëmmt, oder awer op enkstem Raum dréien a beschleunegen (thermal soaring), fir méiglechst laang Gleitflich erauszeschloen ... Distanze vun iwwer 40 km (GPS geloggt) waren net seelen!









Da war den AMC och bei der Soirée d'accueil vun de Veräiner fir déi nei Awunner aus der Gemeng mat dobäi.



Eng Assemblée vum AMC ass am Restaurant Cigalon ofgehale ginn! Flott, well mir haten eis schonns laang net méi alleguer gesinn.

Mir wënschen dem Lieser vum FUUSS dat Allerbescht fir 2022, Gedold, Demut an Dankbarkeet fir alles, dat gutt leeft, a Chance bei allem, dat geplangt an ënnerholl gëtt am neie Joer, dat alles natierlech bei bester Gesondheet!




De Veräin ass op fir all Interessent. Bei Mehlens Paul um Tel. 621 21 91 29 kënnt Dir gären op Är Froen eng Äntwert kréien. D'Deeg gi lues a lues méi laang ... a wann d'Wieder matspillt, si mer nees um AMC-Terrain am Asaz a freeën eis iwwer Är Visite.

*Redaktioun a Biller: Push Steffen, Paul Mehlen, Jos Gaspard, Romain Hanten, Henri Beissel, Alex an Ali Federmeyer*



# ËMMER FIT: INTERVIEW MAT DER AGATA KLIMEK

D'Agata Klimek hält säit dem 20. September 2021 d'Turnstonne fir eis Turnerinne vum ‚Ëmmer Fit'.

**Wéi al bass du a wat hues de nom Lycée vu Studie gemaach?**

Ech si 24 Joer al an hu Physiotherapie zu Eindhoven an Holland studéiert.

**Wat wënschs du der nach fir deng beruffflech Zukunft?**

Ech géif mech gären am Beräich vun der Pediatrie weiderbilden, fir am Cabinet virun allem mat Puppelcher schaffen ze kënnen. Dobäi wëll ech de Sport net vernoléissegen a spéider am Idealfall eng Ausbildung als Personal Trainer maachen.

**Wéi häls du dech selwer fit?**

Ech selwer maache momentan 4-5 Mol pro Woch Crossfit. De Weekend ginn ech gär a vill tréppelen an heiansdo och nach ‚boulderen' *(Redaktioun: fräi klammen*). Meng Vakanze si mat vill Beweegung a Sport verbonnen, a Wanderen ass meng grouss Leidenschaft.

**Woufir soll een eigentlech turne goen?**

Turnen, an am Allgemengen, Beweegung, egal ënner wéi enger Form, ass wichteg fir sech kierperlech a mental fit ze halen. Dëst mécht een aus verschiddene Grënn: sief et fir seng Ausdauer a Kierperkraaft ze verbesseren, ofzehuelen, no engem laange Schaffdag ofzeschalten oder Leit ze begéinen, di änlech sportlech Interessen hunn.

**Eis Gesellschaft gëtt oft als ‚sédentaire' beschriwwen. Kanns de dat confirméieren?**

Jein. Engersäits ass eis Gesellschaft extreem bequeem gi wat d'Beweegung ugeet. Et gi mëttlerweil ze vill Méiglechkeeten, di eis vill Aarbecht erspueren, soudass mir eis am Alldag manner beweege mussen. Anerersäits muss een awer och soen, dass d'Leit ëmmer besser informéiert sinn, wat d'Gesondheet ugeet. Si informéieren sech, wéi eng Méiglechkeeten et ginn, fir physesch a mental fit ze bleiwen. An déi Méiglechkeete si gigantesch! Do ass fir jiddereen eppes dobäi.

**Kann een och hei turnen, wann een nach net sou a Form ass, mee awer wëllt méi fit ginn?**

Op alle Fall. Den Training ass ugepasst, ob ee lo Ufängerin ass oder erfueren Turnerin.

**Am Turnveräin ‚Ëmmer Fit' hu mer Turnerinne vu 16 bis gutt an di 70 Joer. Wéi passt du däi Programm do un?**

Ech gestalten all Training esou, dass jiddereen d'Übungen a sengem Tempo an u sengem Niveau ugepasst ka maachen. Fir all Übung weisen ech och ëmmer mi liicht, respektiv mi schwéier, Alternativen.

**Zu gudder Lescht: Kanns du eis en einfachen Tipp ginn, wéi mir eis Dag fir Dag gesond kënnen halen?**

Sech Routinnen an/oder kleng Ziler setzen. Ob dat elo all Dag tréppelen ass, fir genuch Schrëtt ze maachen, oder sech wärend enger gewëssener Dauer ze beweegen, ob dat lo bestëmmten Ziler a punkto Ernierung oder soss Sportaarten sinn: Dës Routinne soll een an säin Alldag abannen.

**Merci Agata!**

**Den Turnveräin ‚Ëmmer Fit' turnt all Méindeg vun 19.30 bis 20.30 Auer ausser an de Schoulvakanzen an der Sportshal zu Waldbëlleg.**

*Interview: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Isabelle Oberlé an Agata Klimek*



# ZWEEMOL E SCHECK VUN DEN HALER LETT



Wéi schon a viregte Fiiss beschriwwen, hunn di Haler Lett an de Jaren 2020 an 2021 trotz widdregen Ëmstänn e Buergbrennen organiséiert. Wéi allgemeng bekannt, gëtt den Erléis vum Buergbrennen engem gudden Zweck gespent. Leider konnt am Jar 2020 keng Scheckiwwerreechung stattfannen, dee bestbekannte Virus huet et einfach net erlaabt.

An och ugangs 2021 war net un sou eng Iwwerreechung ze denken, duerfir ass dat den 3. November 2021 nogeholl ginn. Bäi engem gudde Maufel am Restaurant „Gudde Kascht" sënn dëst Jar dann 2 Schecken am Wäert vun all Kéier 1000 € iwwerreecht ginn. Eemol un d'Associatioun Blëtz, déi ënner anerem Lett hëlleft, déi e Schlag haten, an eemol un d'ALAEC a.s.b.l. (Häerzkrank Kanner zu Lëtzebuerg), där hiert Haaptzil et ass, di betraffe Kanner an hir Elteren ze ënnerstëtzen.

Loosse mer hoffen, datt et 2022 nees méiglech wäert sënn fir en „normaalt" Buergbrennen ze maachen.

*Text: Haler Lett,*
*Foto: Claire Larry*



*Op der Foto vu lénks: Marianne Meyers, Juliette Majerus, Pierre Diederich, Willy Smit an Henriette Baden*

# JONK & AL

Dem Comité vu Jonk & Al war et eng Freed am Summer déi laangjärig Member, d'Madame Juliette Majerus doheem ze besichen, fir hir fir den 90. Gebuertsdag ze gratuléieren. Bei engem oder och zwee Glas Schampes an engem gudde Stéck Kuch hu mir ee schéine Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht.

Vun hei aus nach eng Kéier der Madame Juliette Majerus alles Gudds an nach vill Joren, bei beschter Gesondheet wënscht de Comité vu Jonk & Al.

*Willy Smit*

# FC OLYMPIA CHRISTNACH/WALDBILLIG

Léif Leit aus der Gemeng, léif Frënn a léif Membere vum FCO, wat wouer lass an de leschte Méint a wat ass nach lass am Laf vun den nächste Méint beim FCO.



Am Championat dëst Joer sënn mir vertrueden mat folgenden Equipen: Bambinis (Tun Valente), Pupilles elo an der Réckronn mat 2 Equipen (Joel Viera, Serge Klein), Poussins (Marc Oestreicher a Gilles Dostert), Minimes (Tom Meyers), Scolaires (Micha Mihai Von Sayn Wittgenstein), 3 Seniorsequipen (Thill Ronny, Varela Bela, Goalkipptrainer Guy Artois, 2. an 3. Ekipp José Mantrisi).

**Hei Informatiounen iwwer d'Joergäng an wou di jeeweileg Kanner, Erwuessener spille kënnen.**

| **Stéchdag 1.1.** | **Alterskategorien, Saison 2021/2022** | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Seniors | Scolaires | Minimes | Poussins | Pupilles | Bambinis |
| soubal ee 16 Joer huet | 2007, 2008, 2009, 2010 | 2009, 2010, 2011 | 2011, 2012, 2013, vu 7 Joer un | 2013, 2014, vu 6 Joer un | 2015, vu 5 Joer un |

Du hues Loscht op Fussball? Däi Meedchen oder Jong hu Loscht Fussball ze spillen? Da mell dech beim Tom MEYERS um GSM 691 34 72 91 oder per E-Mail meyerstom@gmail.

Den 3. Oktober hate mer onst Wëldfest, do krut een entweder ee gudde Ragout vun der wëller Sau mat Bäilagen oder Paschtéit mat Bäilagen.













Op onsem Kéisowend den 19. November wou et och Beaujolais nouveau gouf, hunn d'Leit sech gutt ameséiert. De Kéis huet all de Leit gutt geschmaacht, mee nieft dem Kéis konnt een awer och eng Hameschmier kréien.

Wéinst de Covid-Mesuren hu mir décidéiert, dëst Joer kee Wanterturnéier ze organiséiren.

Folgend Evenementer sënn dann nach fir d'nächst Joer geplangt: e Spargelfest am Abrëll/Mee, Fussballfest fir ons Jugend den 9. Juli, d'Skoda Tewes Coupe am August, Wëldfest am Oktober, Kéisowend am November.

Onst Zil ass et d'Nowuesaarbecht weiderhin ze verbesseren an alle Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, fir Fussball an onser Gemeng ze spillen. Dëst ass mat Sécherheet net einfach, well Leit ze fannen, déi sech engagéieren, fir Kanner ze trainéieren an och fir am Veräin ze hëllefen, net einfach ass. Fir an Zukunft awer weiderhin ons Aarbecht erfollegräich ze gestalten, brauche mer all Ënnerstëtzung, dofir géife mer ons freeën dech als neie Member vum FCO begréissen ze kennen.

Mir sënn schonns e puermol ugeschwat ginn, fir erëm eng Jugendkommissioun op d'Been ze stellen, verschidde Leit hunn sech do och schonns gemellt, fir matzemaachen. Leit déi och nach do wëlle matmaachen sollen dann w.e.g. eng Mail maachen un news@fcolympia.lu.

An dëse schwéieren Zäiten wëlle mer MERCI soen:

Merci un alleguerten d'Spiller, d'Elteren an d'Famill, dëst well dir dem Fussball trei sidd a bleift an dëse schwéieren Zäiten. Vill aner Veräiner hu leider Membere verluer, onsem Fussballsclub ass dëst Schicksal awer erspuert bliwwen.

Merci der Gemeng fir all hir Ënnerstëtzung, déi se dem Veräin zoukomme léisst, sief et finanzieller Natur ewéi och dem Ënnerhale vun onsen Infrastrukturen an dem Plang, fir eng nei Buvette ze bauen. Ee groussen Merci all onse Sponsoren. Merci un d'Traineren, fir sech ëmmer erëm un nei Restriktiounen unzepassen, fir datt all Spiller um Training partizipéieren konnten an och Matcher stattfanne konnten an hoffentlech an Zukunft weiderhi stattfanne wäerte kënnen.

Merci den Elteren vun de Kanner, Spiller oder soss Leit déi gehollef hu bei de Jugendmatcher oder anere Matcher, fir de Covidcheck an d'Buvette ze maachen.

E grousse Merci och un d'Comitésmemberen déi ophalen, dem Georges Feltgen fir seng Aarbecht iwwer 25 Joren am Comité dovunner 20 Joren als Sekretär. Dem Patrick Labarbuta fir seng Aarbecht iwwer 13 Joren am Comité dovunner 6 Joren als Caissier. Dem Roger van Leemput zënter 2013 am Comité, deen aus dem Comité erausgeet.

De Comité vum FCO besteet elo aus folgende Leit: Dhamen Ronny, Dullning Kerry, Dunkel Sam, Faber Claude, Mehlen Jo, Menster Annick, Meyers Tom, Reinert Mike, Tholl Jojo, Tholl Steve.

*Matt beschte sportleche Gréiss,*
*de Comité vum FCO.*

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

## UERGELFRËNN WALDBËLLEG






E Sonndeg, de 16. Mee 2021 ëm 17 Auer zu Waldbëlleg an der Kierch hu mir eis Serie vu Concerten mat jonke Lëtzebuerger Organiste fortgesat, an zwar mat engem Recital vu Stefanie Duprel (Uergel) a Philipp Stier (Trombonn).

D'Zesummesetzung Uergel plus Trombonn ass zwar ongewinnt, ass awer immens gutt beim Publikum vun engen 30 Leit ukomm. De jonke Museker hire Programm bestoung fir ee groussen Deel aus Musek vu virun 1700, wéi dat sech bei eiser Barock-Uergel gehéiert. D'Trombonn ass zwar am 17. Joerhonnert net ganz vill als Solo-Instrument agesat ginn, well si deemools technesch nach net op der Héicht war an déi méi kompliz éiert Passagen net gepackt huet. Dofir waren d'Barock-Stécker, déi um Programm stoungen, haaptsächlech Arrangementer vu Sonaten asw., déi fir Gei, Flütt oder Hautbois geschriwwe gi waren.

Och um Programm waren awer zwee méi modern Stécker. Dat éischt war vum ungaresche Komponist Frigyes Hidas, e rouegt Stéck am spéitromantesche Stil mam Titel „Domine, dona nobis pacem". Dat anert war „Sequenza V" fir Trombonn Solo vum Luciano Berio (1925-2003). De Berio ass bekannt als e „moderne" Komponist, wat fir vill Leit bedeit „schwiereg fir nozelauschteren". Dat Stéck „Sequenza V", wat de Philippe Stier ënnen am Altoerraum gespillt huet, ass awer souwuel afallsräich wéi och dramatesch, an huet den Nolauschterer ganz gutt gefall.

Aus bekanntem Grond konnte mir nom Concert kee Patt fir de Publikum ginn.

Ëm déi selwecht Zäit, also am Fréijoer 2021, hu mir missen traueren ëm net nëmmen een, mä zwee Kolleegen aus eisem Veräin, déi eis fir ëmmer verlooss hunn. D'Lony Michels war 1996 als Grënnungsmember vun den Uergelfrënn mat dobäi, an hat eis zanterhier trei ënnerstëtzt. Si ass de 15. Mee ze Waldbëlleg begruewe ginn. Dee selwechten Dag huet eis d'Noriicht erreecht, datt och de fréiere Buergermeeschter Edouard Lies gestuerwen ass. Hie war och Grënnungsmember an treie Supporter vun eisem Veräin. Mir drécken hei eist häerzlecht Bäileed un d'Famillje Michels-Tholl a Lies-Weydert aus.

Am Juli 2021 hu mir eis Generalversammlung ofgehalen. Covid bedéngt war 2020 jo keng Generalversammlung méiglech, dofir hu mir fir déi 2 Joren 2020 an 2021 eng GV a virtueller Form organiséiert, an zwar iwwer eis Websäit www.uergelfrenn.lu. Vum 5. bis de 15. Juli konnt een do d'Ried vum President, d'Keesseberichter fir déi zwee Joren mat den Ënnerschrëfte vun de Keesserevisoren, souwéi eng Ried vun der Buergermeeschtesch nokucken oder -liesen. An där Versammlung huet de laangjärege Keessjee Fons Schintgen seng Retraite ugekënnegt an ass an dëser Funktioun duerch d'Mme Pamela Carlisle ersat ginn. Mir heeschen d'Pamela wëllkomm a soen dem Fons villmools Merci fir säin treien Déngscht. E Merci gehéiert



och eisem Sekretär Daniel Mantrisi, dee fir déi technesch Säit vun déser virtueller GV responsabel war.

De 5. Dezember 2021 konnte mir de Concert mam Marc Loewen (Uergel) a mam Jugendchouer Konsdref nohuelen, deen eigentlech fir 2020 virgesi war. De Marc Loewen ass och ee vun de jonke Lëtzebuerger Organisten, deenen eise President an eise Sekretär den 3. November 2019 am Concert zu Lëntgen nogelauschtert haten. De Marc Loewen studéiert fir e Master an der Kierchemusek zu Saarbrécken, an huet d'Direktioun vun der Jugendmusek zu Lëntgen wéi och vum Kanner- a Jugendchouer zu Konsdref.

Mat sengem klengen Ensembel vu Jugendlechen aus Konsdref huet de Marc Loewen e schéine Programm vun Uergelmusek a Gesank ronderëm d'Chrëschtsaison zesummegestallt, woubäi Chouer an Uergel sech géigesäiteg gutt ergänzt hunn. Dat Stéck „À la venue de Noël" vum Claude Balbastre besteet aus Variatiounen iwwer dësen „Noël français", déi ofwiesselnd mat de gesongene Strophe vum Lidd gespillt gi sinn. Dunn huet den Organist dem Johann Sebastian Bach säi bekannte Choral „Wachet auf, ruft uns die Stimme" gespillt, an deem d'Zongeregister „Kromhorn 8-Fuss" ganz gutt zur Geltung komm ass; duerno huet de Chouer de Choral am Arrangement vum J.G. Walther gesongen. Bei de bekannte Lëtzebuerger Chrëschtlidder „An der grousser hellger Nuecht" an „Aus dem Himmelssall" sinn all Kéiers d'Variatioune vum Jos Kinzé gespillt, an duerno d'Lidd vum Chouer gesonge ginn. De Concert huet ofgeschloss mat enger Rei bekannter Chrëschtlidder aus Frankräich („Petit Papa Noël") an England („Look at the World" vum John Rutter an „Hark the Herald Angels Sing").

De Publikum vun enge 25 Leit huet de Concert appreciéiert, an als Zugab huet de Chouer, wéi sech dat gehéiert, dat Lidd „Mir wënschen e schéine Chrëschtdag / We Wish You a Merry Christmas" gesongen. D'jonk Sängerinnen a Sänger, wéi och d'Kanner am Publikum, hunn alleguer e Kaddo vum Kleesche kritt.

**Fir Ären Agenda 2022 notéiert Iech wgl. déi heiten Datumer:**

- **Sonndes, de 6. Februar 2022:**
  Concert mat Francis Lucas (Uergel) an
  Anne-Catherine Feltgen (Gei)

- **Samsdes, de 7. Mee 2022:**
  Kierchemusek vum Henry Purcell (1659-1695)
  ënner der Leedung vum Nicolas Billaux,
  mam Ensemble Ad Libitum (Uergel: Rosch Mirkes).

- **Sonndes, den 22. Mee 2022:**
  Ham, Fritten an Zalot an der Cafeteria zu Waldbëlleg

*Text: Henry Wickens – Fotoen: Daniel Mantrisi*

# DIPLOMER AN DER MUSEKSSCHOUL





Den 29. Oktober war d'Remise des diplômes vun der Regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion Iechternach a Presenz vum Educatiounsminister Claude Meisch.




Nodeem d'Diplomiwwerreechung d'lescht Joer wéinst der Pandemie ausfalen huet missen, kruten dëst Joer 198 Schüler am ganzen 223 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerreecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschiddene konventionéierte Gemengen.

No enger Begréissung vum éischte Schäffe Ben Scheuer huet d'Zeremonie ugefaang mat engem Concert vu verschiddene Laureaten, bei deem déi enorm grouss stilistesch Diversitéit a musikalesch Qualitéit kloer am Virdergrond stoungen.



Nom Optrëtt vun de Formation musicale-Klassen zesumme mat der Latin Percussion-Klass vum Eric Durrer an de Klasse vum Iechternacher Centre pour le développement intellectuel (CDI) huet d'Directrice Nadine Eder déi wäertvoll Kollaboratioune mam CDI an och mam Centre d'accueil Weilerbach an Evidenz gesat an dofir der Gemeng Iechternach an dem Ministère de l'Éducation ee grousse Merci ausgeschwaat fir hir Ënnerstëtzung. D'Nadine Eder huet déi enorm Efforten vun de Schüler an dëse schwéieren zwee leschte Jore gelueft an déi verschidden Aspekter beliicht, wéi Musek verbënnt an d'Schüler aus der Ostregioun an och aus der Grenzregioun matenee vernetzt.



Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet den Educatiounsminister Claude Meisch d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hir Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hir Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grousse Merci ausgeschwat. De Minister huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hir finanziell Participatioun ausgedréckt an huet drun erënnert, dass esou eng grouss Museksschoul, wei déi Iechternacher, net ouni dës wäertvoll Ënnerstëtzung esou een héichwäertegen a villsäitegen Enseignement ubidde kéint.

*Museksschoul Iechternach*

Ons Gemeng war duerch d'Conseillère Corinne Meyers vertrueden. Si huet de Laureate vu Waldbëlleg, Pierre Christnach a Jhang Winandy, ganz speziell félicitéiert.




*Op der Foto, vu lénks: Nadine Eder, Corinne Meyers, Jhang Winandy, Pierre Christnach, Claude Meisch*



# WALDBËLLEGER MUSEK ASBL – BACK TO MUSIC

Am Februar 2020 hu mir eise leschte Galaconcert gespillt. E Virus mam Numm Covid-19 huet sech an der Welt breetgemaach. Dësen huet eis all d'Liewen, wéi mir et kannt hunn, op d'Kopp gestallt. Datt mir esou laang domat beschäftegt wieren, huet kee vun eis sech esou erwaart.

Och nach elo huet de Virus eist Liewe fest am Gréff. Dëst ass fir keen einfach. An normalen Zäite sinn d'Veräiner e Ventil fir d'Leit, wou se nieft dem stressegen Job an dem Familljenalldag kënnen ofschalten. Ob se an d'Prouf kommen an zesumme Musek maachen, sangen, Futtball spillen oder bei engem Patt schnëssen, et geet ëm de Mateneen.

Dëse Matenee louch eng laang Zäit op Äis a mir si frou, datt mir säit September rëm kënne prouwen. Dës Prouwe fannen nach ëmmer ënner Restriktioune statt, déi sécherlech net ëmmer flott sinn. Mee et ass schéin erëm zesummenzekommen. Den Hämmelsmarsch fir d'Kiermes war e weidere Schrëtt zréck an eis Normalitéit. Merci all deenen, déi eis ënnerstëtzt hunn.

Och an enger ongewësser Zäit wéi dëser, muss een Ziler virun An hunn. Dofir invitéiere mir Iech häerzlech op eisen

**Galaconcert „Back to Music“,**
**e Samschdeg, 4. Juni 2022 um 20 Auer**
**an der Sportshal zu Waldbëlleg**

Mir wäerten eis un d'Reegelungen, déi dee Moment gëllen, halen. No zwee Joer si mir frou rëm kënne viru Publikum ze spillen a mir géifen eis freeën Iech do begréissen ze kënnen.

Ween en Instrument spillt a Loscht huet zesumme mat enger flotter Equipe Musek ze maachen, ka gären dënschdes ab 20 Auer am Musekssall (2a, rue A Kilker) laanschtkommen. Bei weidere Froen einfach eng Mail schécken un annikreinert@gmail.com.

Mir freeën eis drop, rëm zesumme fir Iech Musek ze maachen!

Hei nach e puer Events fir virzemierken, esou laang d'Situatioun eis et erméiglecht:

- **13.03.2022 ab 12:00:** KKK – Kaffi, Kuch a Kniddelen
- **26.06.2022 ab 11:30:** Waldbëlleg – In Concert

Bis geschwënn a bleift gesond!

*Annik Reinert*
*Foto: Camille Goedert*

## SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE

D'Société préhistorique luxembourgeoise (SPL) huet jo hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg, a schéine Lokalitéiten an der Sportshal, wou och hir spezialiséiert Bibliothéik stockéiert ass.

D'SPL bréngt e puer Mol d'Joer en Informatiounsblat eraus an all puer Joer en zolidd Buch als Bulletin iwwer déi archeologesch Découverten an Evenementer am Land a ronderëm.

An der grousser Bibliothéik stinn all déi Bulletinen a vill aner Bicher iwwer dee Sujet, a vill international Revuen iwwer Archeologie a Virgeschicht.

Wien sech fir d'Aktivitéite vun der Société préhistorique luxembourgeoise an hir Bibliothéik interesséiert, sollt sech déi heiten Datumer mierken:

Eng Porte ouverte an de Lokaler vun der SPL an der Sportshal zu Waldbëlleg ass virgesi fir de Sonndeg, 3. Abrëll.

Dem laangjärege President Marcel Ewers vun Haler seng imposant Collectioun soll gekuckt an analyséiert ginn. Dofir ass den Aarbechtsgrupp Cailloux vun der SPL zoustänneg. Eng éischt Tagung doriwwer ass op fir de Public. Si ass freides den 28., samschdes den 29. a sonndes den 30. Januar 2022 vun 10 bis 18 Auer an de Lokaler vun der SPL an der Sportshal zu Waldbëlleg. Et geet drëm, d'Stécker aus der Collectioun ze sënneren an déi verschidde Sitten ze identifizéieren. Encadréiert gëtt déi Aarbecht vun der Madamm Denise Leesch an dem Här Marcel Ewers. Et kann ee just een Dag oder zwee oder allen dräi matmaachen. Et brauch ee sech net unzemellen, mee et muss ee selwer nom Iesse kucken a sech Picknick matbréngen.

En Aféierungscours an d'Virgeschicht ass samschdes, den 28. Mee, och an der Sportshal zu Waldbëlleg.





Foto: Pierre Haas

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*



## SIDD DIR INTERESSÉIERT U REPAS-SUR-ROUEN?

An Zesummenaarbecht mam Service « Repas sur roues » vu Servior organiséiert de Gemengesyndikat « Maintien à domicile – Medernach » Iessen bei Iech doheem all Dag vum Joer. Fir jiddfer Dag kritt Dir zwou Propositioune fir e Menu, bei deenen Dir kënnt wielen tëscht Zopp oder Entrée, Zalot, Haaptplat an Dessert.

De Programm vun den Iesse kritt Dir dräi Wochen am Viraus. Dir gitt just Äre Choix un, an d'Iesse gi geliwwert op Porzeläinteller a -schësselcher, déi bannent 40 Minutten op enger Induktiouns-Plack waarm gemat ginn. D'Placke kritt Dir zur Verfügung gestallt.

D'Iesse ka geliwwert ginn, wéi Dir et gär hätt: geschnidden oder gemuel, ouni Fleesch, ouni Salz oder un Diabetes ugepasst. Et gëtt geliwwert, wéini Dir et gär hätt: all Dag, eenzel Deeg vun der Woch oder och nëmmen eng Zäit laang.

Fir Sonndeger an d'Feierdeeg gëtt d'Iessen den Dag virdru geliwwert. Am Frigo bleift d'Iesse 36 Stonne frësch.




D'Iesse ginn am Cipa Geenzebléi zu Wolz preparéiert an da bei Iech geliwwert.

Fir e geliwwert Iesse si momentan 17 € ze bezuelen. De Rescht zu de reelle Käschten iwwerhëlt de Gemengesyndikat „Maintien à domicile – Medernach ».

Fir kënne Repas-sur-rouen ze kréien, braucht Dir keng Fleege-versécherung oder Hëllef vun engem Réseau d'aides et de soins à domicile ze kréien. Dir kënnt Iech un d'Gemeng wenden, fir Iech am Service anzeschreiwen.

# INTÉRESSÉ PAR LE SERVICE « REPAS SUR ROUES » ?

En collaboration avec le service « Repas sur roues » de Servior, le Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile – Medernach organise un service de livraison de repas à domicile 365 jours par an.

Pour chaque jour, vous recevez deux propositions de menus avec un choix de soupe ou d'entrée, salade, plat principal et dessert.

Le programme des repas vous est remis trois semaines à l'avance : il suffit de faire votre choix. Les plats vous arrivent joliment présentés dans des assiettes en porcelaine. Vous les réchauffez en un seul clic avec la plaque à induction qui vous est fournie. Quarante minutes et c'est prêt!

Les plats s'adaptent à volonté. Les aliments peuvent être coupés ou moulus. Des menus sont aussi disponibles si vous êtes diabétique ou si vous suivez un régime sans viande ou sans sel.

Déterminez vous-mêmes la fréquence des livraisons : quotidiennement, certains jours de la semaine ou seulement pour une période donnée.

Aucun souci pour les dimanches et les jours fériés : les plats vous sont déposés la veille. Placés au réfrigérateur, ils se conservent jusqu'à 36 heures grâce à une méthode d'emballage et de refroidissement qui garantissent l'hygiène et la préservation des goûts et des nutriments.

Avant d'être livrés chez vous, les plats sont préparés au Cipa Geenzebléi à Wiltz.

Vous ne devez pas nécessairement bénéficier de l'Assurance dépendance ni recevoir l'assistance d'un réseau d'aides et de soins à domicile pour vous inscrire aux Repas sur roues.

La participation aux frais des repas livrés s'élève actuellement à 17 € par repas. La différence aux coûts réels est prise en charge par le Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile – Medernach.

Pour vous inscrire au service, vous pouvez vous adresser à la commune qui vous aidera dans votre démarche.

## STUDENTENJOB AM TOURISTCENTER HERINGER MILLEN



Den Touristcenter Heringer Millen bitt och fir d'Summersaison 2022 (Mee bis September) nees Studentenjobs un. Wann s du op d'mannst 18 Joer hues, e bëssi sproochebegaabt bass, gäre Kontakt mat Leit hues, dech an der Regioun Mëllerdall auskenns, a Freed mat Kanneranimatioun hues, da schéck deng Demande mat dengen Disponibilitéiten un den Touristcenter Heringer Millen.

*Merci*
*D'Equipe vum Touristcenter*
*Heringer Millen*



**Touristcenter Heringer Millen**
1, rue des Moulins
L-6245 Mullerthal
Tel.: 00352 87 89 88
Web: info@mullerthal-millen.lu

# DE CHRËSCHTMAART OP DER MILLEN

D'Responsabel vum Touristcenter Heringer Millen haten de Courage, e Chrëschtmaart ze organiséieren, fir de Week-end vum 3., 4. a 5. Dezember. Si si fir hir Méi belount ginn: Net nëmmen huet de Maart NET missen ofgesot ginn, mee et war e risege Succès. Méi ewéi 3.500 Leit hu sech iwwer déi dräi Deeg nieft der Schwaarzer Iernz afonnt, fir déi schéi Stänn ze kucken, Kaddoen ze kafen, an e gudde Patt Glüwäin oder Mëllerdaller Äppeljack ze drénken.








D'Ekipp ronderëm de Syndicat d'initiative Waldbëlleg konnt op d'Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner zielen, wéi:

- d'Frënn vun de Pompjeeën Gemeng Waldbëlleg asbl., déi den esou wichtege Covidcheck gemaach hunn,
- d'NaturNo a.s.b.l, déi Schocki a Panecher gemaach hunn
- de Badminton Waldbëlleg, déi Kniddelen an Gedrénks ugebueden hunn
- d'Mëllerdaller Äppeljack asbl., déi wéi all Joer hire leckeren Äppeljack a Gromperekichelcher verkaaft hunn.

De Syndicat selwer huet Glüwäin, Milleflueden a selwer gebake Boxemännercher, Stollen a Millebrout ugebueden, déi frësch aus dem Uewe koumen.

Hoffentlech kënne mer eis 2022 erëm méi dacks op Evenementer beim Touristcenter freeën.

*Marc Barthelemy*
*Fotoen: Damaris, Gilles Piper*






BOXEMÄNNECHER
MILLEBROUT
STOLLEN
© gilles wunsch 2021


© gilles wunsch 2021

# GO BLUE & ORANGE

## Blue Day

Am Kader vum 75. Anniversaire vun der Grënnung vun de Vereenten Natiounen huet sech Lëtzebuerg der Initiativ „Turn Europe UN Blue" ugeschloss.

Am Juni 1945 ass zu San Francisco vu 50 Länner d'UN-Charta ënnerschriwwe ginn, déi soll dofir suergen, datt Konflikter ewéi den Zweete Weltkrich net méi virkommen. D'Charta vun de Vereenten Natiounen ass dunn de 24. Oktober 1945 a Kraaft getrueden. Entretemps zielt d'Uno insgesamt 193 Memberstaaten, Lëtzebuerg gehéiert vun Ufank un dozou.




## Orange Week

Och déi orange Woch ass eng Initiativ vun der Uno. Et geet drëm, de Public ze sensibiliséieren, fir sech géint d'Gewalt u Fraen a Meedercher anzesetzen. Déi Woch si Gebaier orange beliicht ginn; et huet de 25. November ugefaangen, dem internationalen Dag fir d'Eliminatioun vun der Gewalt géint Fraen.

Zu Lëtzebuerg gouf déi Campagne vum nationale Fraeconseil CNFL a vun der lëtzebuergescher Sektioun vu Zonta international organiséiert a vum Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer ënnerstëtzt.

D'Gemeng Waldbëlleg huet sech deene Campagnen ugeschloss an déi schéi Gemeng, den Hentgesbau, konnt blo an orange bewonnert ginn.



*Marc Barthelemy*
*Fotoen: Andrée Henx-Greischer*



*Foto: Damaris*

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMA*

## TOUR DU DUERF AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Vum 10. bis den 30. September 2021 haten d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg an de Verkéiersverbond déi 8. Editioun vun der Vëlo-Campagne TOUR du DUERF organiséiert. Dëst Joer war d'Gemeng Waldbëlleg fir déi fënneft Kéier mat derbäi.

D'Ziler vun der Campagne waren, all Bierger op d'Benotzung vum Vëlo am alldeeglече Liewen ze sensibiliséieren an d'Thema Benotzung vum Vëlo verstäerkt an der Gemeng anzebréngen. D'Membere vum Gemengerot an de berodende Kommissioune konnten an Ekippen, zesumme mat de Bierger aus der Gemeng, d'Pedallen drécken.

Matmaache konnten all Membere vum Gemengerot, Membere vun de berodende Kommissiounen, Awunner aus der Gemeng, Persounen déi an der Gemeng schaffen, an engem Veräin aus der Gemeng täteg sinn oder eng Schoul aus der Gemeng besichen.

Bannen 21 Deeg konnt jiddereen, individuell oder an enger Ekipp, méiglechst vill Kilometer fir seng Ekipp sammelen. Schoulklassen, Veräiner, Organisatiounen, Firmen asw. konnten och hir eegen Ekippen zesummesetzen. Jidder Participant konnt déi klimafrëndlech Kilometer am Online-Vëloskalenner op www.tourduduerf.lu oder direkt op der Stadtradeln-App/Ville en selle-App androen.

Alles an allem hunn op nationalem Niveau 72 Gemengen a Regioune beim TOUR du DUERF 2021 matgemaach, eng insgesamt 1.235 Cyclisten (dorënner 96 Membere vu Gemengeréit) sinn 253.267 km gefuer.

*© Filipe Soares*



An der Gemeng Waldbëlleg si 4 Teams, 31 Cyclisten an den dräi Woche 6.839 Kilometer (2017: 2.007 km; 2018: 7.280 km; 2019: 7.581 km; 2020: 8.947 km) gefuer. Dobäi konnten 1005 kg $CO_2$ evitéiert ginn (d'Berechnung baséiert op 142 g $CO_2$ pro Persounen-km). Déi gefuere Streck entsprécht der 0,17-facher Längt vum Äquator.

Domadder huet d'Gemeng Waldbëlleg gutt ofgeschloss an de verschiddene Kategorien op nationalem Niveau. Resumé vun der nationaler Auswäertung vun der Gemeng Waldbëlleg:

- An der Kategorie „ParlamentarierInnen-km" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 14. Plaz vun 72 Gemengen;
- an der Kategorie „Aktive ParlamentarierInnen" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 11. Plaz vun 72 Gemengen;
- an der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern" ass d'Gemeng Waldbëlleg mat 6.839 km op der 14. Plaz vun 72 Gemengen;
- an der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern pro EinwohnerIn" ass d'Gemeng Waldbëlleg mat 3,44 km/Awunner op der 5. Platz vun 72 Gemengen.

Fir dëst super Resultat e grousse Merci un all d'Participanten, fir Ären Asaz fir all eenzel km dee pedalléiert ginn ass.

Den 8. November 2021 huet de Gemengen- a Schäfferot d'Vëlosfuerer, déi fir d'Gemeng Waldbëlleg gefuer sinn, geéiert. No enger Usprooch vum Schäffe Serge Boonen a Präsentatioun vun de Resultater vum Ingenieur Filipe Soares kruten si en Diplom iwwerreecht. Déi dräi bescht placéiert, den Här Henri Colbach (1.518 km), d'Madame Laura Walch (820 km) a den Här Christian Berens (803 km) kruten e Preis iwwerreecht.

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng



*© David Sonnetti*

**Um TOUR du DUERF 2021 hunn deelgeholl:**

- Här Henri Colbach (1.518 km)
- Madame Laura Walch (820 km)
- Här Christian Berens (803 km)
- Här Sébastien Balbeur
- Här Alex Federmeyer
- Madame Romaine Becker
- Här Jim Muttesch
- Madame Chantal Dimmer
- Madame Hanny Mathes
- Madame Joëlle Leuchter an d'Maison relais
- Här Filipe Soares
- Madame Anne Nicolay
- Madame Ulrike Sauer
- Madame Malou Wecker
- Här Marc Feidt
- Här Romain Tobes
- Här Dietmar Schumacher
- Här Mike Michels
- Här Nicolas Thill
- Madame Mandy Ressel
- Madame Andrée Henx-Greischer

Den nächsten TOUR du DUERF kënnt bestëmmt. Dofir wann et souwäit ass, umellen, matmaachen a Spaass hu beim Vëlofueren.

*Filipe Soares*

# REPAIRCAFÉ MËLLERDALL

Wat ass e Repaircafé? Et ass näischt aneschtes wéi eng Fléckstuff.

Mir hunn alleguer ëmmer méi d'Tendenz, Artikelen ewechzegeheien, di eigentlech nach funktionéieren oder just eng kleng Reparatur bräichten. Oft wësse mer net méi, wéi mer eppes selwer flécke kënnen oder wou mer et reparéiere kënne loossen. Da bréngé mer eis Saachen op de Recycling.

De Repaircafé ass di logesch Fortsetzung vum Recycling. Hei ginn nämlech futtis Artikele gefléckt. De Repaircafé soll di Leit, di hire Kleeder, Vëloen, Spillsaachen, elektroneschen Apparaten asw. eng zweet Chance wëlle ginn, mat deenen zesummebréngen, di eppes flécke kënnen.




Dëse Service ass gratis (ausser wa Stécker mussen ersat ginn). D'Leit kënnen awer e klengen Don maachen, wa se wëllen.

Dësen Event ass op fir jiddwereen an e soll reegelméisseg organiséiert ginn.

Am Moment ass den Natur- a Geopark Mëllerdall amgaangen, esou e Repaircafé ze plangen. Hei hunn sech schonns eng Rei motivéiert Leit getraff – fir d'lescht de 14. Dezember – an dat ëmmer am Sall vum Natur- a Geopark zu Beefort.

D'Plaz selwer vum Repaircafé muss zougänglech a grouss genuch sinn fir di verschidde Reparaturplazen (mindestens 100 Quadratmeter), mat eventuell enger klenger Kaffisbar, engem Lies- a Spilleck. Am Gespréich sinn am Moment den Trifolion oder de Gemengesall zu Konsdref.

Di nächst Schrëtt sinn elo eng a.s.b.l  grënnen, festleeën, wéi eng Reparaturen an enger éischter Phas kënnen ugebuede ginn, an och weider Reklamm fir dësen interessante Projet ze maachen.

D'Zil vum Repaircafé ass et also, den Objeten en zweet Liewen ze ginn, eis Ressourcë wéi och d'Portmonnien ze schounen, andeems mer net gläich eppes Neies kafen an dat Aalt ewechgeheien.

D'Nohaltegkeet ass e ganz wichtege Facteur, well mer gesinn, datt d'Ressourcen ëmmer méi deier a méi knapp ginn. Wa mer haut nei Apparater bestellen, musse mer oft ganz laang waarden a vill Suen dofir ausginn.

Fréier hu mer d'Plaze kannt, wou mer eis Saache konnte flécke loossen, entweeder am Buttek selwer, oder mer si bei de Spezialist gaangen: Schouster, Schmadd, Schräiner, Schneider/Néiesch asw.

Den Challenge bei de Repaircaféen ass et, erëm esou Spezialisten ze fannen: Hobbyknécheler oder souguer Professioneller. Dës Initiativ hëlt kenger Entreprise d'Aarbecht ewech; am Géigendeel, si weist de Leit, datt vill Artikelen eng laang Liewensdauer hunn, well se kënne gefléckt ginn.

D'Repaircaféen kënnen och als lieux de rencontre funktionéieren: Hei komme Leit zesummen, di sech vläicht soss ni am Liewe begéint wieren; si echangéieren hire Knowhow a léieren ee vun deem aneren. Vläicht ass dat och e Wee zu enger méi solidarescher an nohalteger Gesellschaft?

D'Iddi vum Repaircafé ass 2009 zu Amsterdam entstan. Zanterhir gëtt et d'Fondatioun repaircafe.org, di sech fir d'Hierstellung vun nohaltegen Artikelen asetzt.

Wann Dir interesséiert sidd, un dësem Projet matzemaachen, kontaktéiert w.e.g d'Natassja MICH (natassja.mich@naturpark-mellerdall) oder de Julian P. HEINZE (julian.heinze@naturpark-mellerdall)

Natur- & Geopark Mëllerdall
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tel.: (+352) 26 87 82 91-24

**Den 1. Repaircafé ass den 12. Februar 2022 zu Konsdref am Centre polyvalent Kuerzwénkel.**

*Text: Isabelle Oberlé mat der wäertvoller Ënnerstëtzung vun der Natassja Mich, Natur- & Geopark Mëllerdall*

# Et si vous réduisiez votre consommation…

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG



# … grâce à une rénovation énergétique

**La saison froide est de nouveau à nos portes et avec elle une augmentation des coûts de chauffage. myenergy vous explique comment réduire votre consommation d'énergie tout en assurant votre confort de vie.**

Pour réduire vos dépenses et économiser de l'énergie, peu de solutions simples existent, mais certaines pistes à plus ou moins long terme vous permettront de rendre votre facture d'énergie plus résiliente aux variations de prix. Il est important avant tout de chauffer les différentes pièces de votre maison à la bonne température :

Salon 20 °C
Chambre à coucher 17-18 °C
Salle de bains 22-23 °C

Baisser la température d'un degré peut permettre de **réduire de 6 % votre besoin énergétique**.

En ce qui concerne les chaudières à mazout, il faut veiller à ce qu'elles soient nettoyées et entretenues régulièrement. Votre chauffagiste doit vérifier que la chaudière est correctement réglée. L'Administration de l'environnement a conçu un outil pratique appelé **Heizungscheck**. Au cours de cette inspection ponctuelle effectuée par un professionnel, vous recevez une analyse complète de votre chaudière et des recommandations pour améliorer l'efficacité énergétique de votre installation de chauffage.

Pour optimiser votre logement et augmenter davantage votre confort de vie, vous pouvez envisager des mesures de rénovation énergétique et ainsi obtenir une meilleure efficacité énergétique. La première étape est une meilleure isolation. Au-delà d'un concept de rénovation énergétique globale, l'isolation de la façade, de la toiture, des dalles de grenier et de cave ainsi que le changement des fenêtres sont des mesures qui peuvent être envisagées individuellement.

Vous pouvez remplacer votre chaudière à gaz ou à mazout par une installation favorisant les énergies renouvelables. Il existe trois grandes alternatives : le raccordement au réseau de chauffage urbain, l'installation d'un système de pompe à chaleur ou le chauffage à granulés de bois.

Pour vous soutenir dans votre projet de rénovation énergétique, le gouvernement offre un éventail de primes avantageuses.

Retrouvez toutes les informations sur les aides sur **cleverprimes.lu** !

**Conseil neutre et gratuit**

myenergy.lu
8002 11 90

**Primes installations de chauffage**
Toutes les informations sur cleverhetzen.lu

Co-funded by the European Union

myenergy Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

# DEN NEIE KLIMABERODER

**Léif Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng Waldbëlleg,**

mäin Numm ass Bernhard Jäckel an ech wollt mech als Ären neie Klimaberoder kuerz virstellen.

Säit September 2021 schaffen ech bei MC Luxembourg zu Miersch an si vu MyEnergy als Basisberoder fir de Klimapakt 2.0 akkreditéiert ginn, wéi och als Spezialberoder am Beräich vun der zirkulärer Wirtschaft.

Ech hunn en Ofschloss als Verfarenstechnik-Ingenieur an hu schonn 30 Joer Beruffserfarung an de Beräicher vun der Energie an Ëmwelt mat Projeterfahrung um internationalen Niveau.

Meng Interesse leien an den Theemen Innovatioun, Nohaltegkeet an Elektromobilitéit.



Ech freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht mam Klimapakt-Team, wéi och mat all den Akteuren, déi an der Gemeng Waldbëlleg am Beräich Klima an Ëmwelt täteg sinn.

Zu gudder Lescht wëll ech meng kuerz Virstellung mat engem afrikanesche Sproch ofschléissen, deen ech zoutreffend fannen: „Eleng leeft ee méi séier, mee zesumme geet ee méi wäit."

Ech wënschen Iech all vill Erfolleg a Gesondheet fir d'Joer 2022.

*Dipl.-Ing. / MBA Bernhard Jäckel*



*Foto: Damaris*

# BESSER LOFT FIR MÉI LIEWENSQUALITÉIT

## Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne an der Gemeng Waldbëlleg

D'Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne *„Besser Loft fir méi Liewensqualitéit"* 2020 am Kader vum Klimapakt sinn do.

Wéi ze erwaarden, si mat de Passivsammler, déi an 23 Gemengen opgehaange goufen, däitlech besser Wäerter gemooss ginn, wéi déi Jore virdrun. Grond dofir si virun allem d'Restriktioune ronderëm den éischte Lockdown, deen all mënschlech Aktivitéiten erofgefuer hat.

D'Gemeng Waldbëlleg huet 2020 eng éischte Kéier un der Campagne deelgeholl. Et goufe keng Iwwerschreidunge vum Grenzwäert vu 40 µg/m³ gemooss. Wéi am De FUUSS 2/2020 ugekënnegt, fannt Dir hei d'Resultater.

**Mesurage de l'$NO_2$ par tubes passifs**

**Campagne Klimapakt 2020**
**Commune de Waldbillig**

| Période d'échantillonnage du | au | NCHCH01 NO2 [ug/m³] | NCHCH02 NO2 [ug/m³] | NHAER01 NO2 [ug/m³] | NMUAL01 NO2 [ug/m³] | NWALG01 NO2 [ug/m³] | NWALG02 NO2 [ug/m³] |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 08/01/2020 | 22/01/2020 | 15 | 12 | 10 | 15 | 7 | 13 |
| 22/01/2020 | 05/02/2020 | 13 | 12 | 11 | 12 | 9 | 12 |
| 05/02/2020 | 19/02/2020 | 13 | 10 | 8 | 11 | 7 | 11 |
| 19/02/2020 | 04/03/2020 | 10 | 8 | 6 | 9 | 5 | 9 |
| 04/03/2020 | 18/03/2020 | 11 | 8 | 7 | 8 | 4 | 9 |
| 18/03/2020 | 01/04/2020 | 7 | 6 | 5 | 5 | 3 | 6 |
| 01/04/2020 | 15/04/2020 | 9 | 7 | 6 | 6 | 4 | 7 |
| 15/04/2020 | 29/04/2020 | 9 | 7 | 6 | 6 | 3 | 7 |
| 29/04/2020 | 13/05/2020 | 9 | 8 | 6 | 6 | 4 | 8 |
| 13/05/2020 | 27/05/2020 | 9 | 7 | 6 | 7 | 4 | 7 |
| 27/05/2020 | 10/06/2020 | 9 | 6 | 5 | 7 | 4 | 7 |
| 10/06/2020 | 24/06/2020 | 10 | 7 | 5 | 7 | 3 | 8 |
| 24/06/2020 | 08/07/2020 | 8 | 6 | 6 | 7 | 3 | 6 |
| 08/07/2020 | 22/07/2020 | 9 | 6 | 5 | 9 | 3 | 6 |
| 22/07/2020 | 05/08/2020 | 11 | 8 | 7 | 12 | 4 | 8 |
| 05/08/2020 | 19/08/2020 | 10 | 8 | 6 | 11 | 4 | 8 |
| 19/08/2020 | 02/09/2020 | 11 | 9 | 7 | 10 | 6 | 8 |
| 02/09/2020 | 16/09/2020 | 17 | 11 | 8 | 14 | 6 | 12 |
| 16/09/2020 | 30/09/2020 | 13 | 10 | 8 | 12 | 6 | 11 |
| 30/09/2020 | 14/10/2020 | 10 | 8 | 7 | 6 | 5 | 8 |
| 14/10/2020 | 28/10/2020 | 13 | 10 | 9 | 8 | 6 | 11 |
| 28/10/2020 | 11/11/2020 | 13 | 11 | 9 | 8 | 6 | 13 |
| 11/11/2020 | 25/11/2020 | 15 | 13 | 11 | 9 | 9 | 13 |
| 25/11/2020 | 09/12/2020 | 17 | 15 | 13 | 10 | 11 | 16 |
| 09/12/2020 | 23/12/2020 | 15 | 14 | 11 | 10 | 9 | 16 |
| Moy.prov. - 2020 | | 12 | 9 | 8 | 9 | 5 | 10 |

| | |
|---|---|
| NCHCH01 | 6A, Moellerdallerstrooss - Christnach |
| NCHCH02 | 2, Schoulstrooss - Christnach |
| NHAER01 | 17, rue Hallerbach - Haller |
| NMUAL01 | 1, rue des Rochers - Müllerthal |
| NWALG01 | 5, A Kilker - Waldbillig |
| NWALG02 | 15A, rue de Christnach - Waldbillig |
| n.d. | non-déterminé |

| | |
|---|---|
| Valeur limite $NO_2$: | 40 µg/m³ en moyenne annuelle sur une année civile |
| Valeurs en orange: | à titre indicatif: la valeur mensuelle dépasse la valeur limite pour la moyenne annuelle |
| **Valeurs sur fond rouge:** | dépassement de la valeur limite de 40 µg/m³(moyenne annuelle) |

Données validées au niveau final — Généré le 26/05/2021

©Administration de l'environnement

Dee ganze Rapport fannt Dir op ***www.emwelt.lu***.

D'Gemeng Waldbëlleg huet och 2021 eng zweete Kéier un der Campagne deelgeholl. Soubal d'Campagne ofgeschloss ass, ginn d'Resultater am De FUUSS veröffentlecht.

*Filipe Soares*




*Foto: Damaris*

## KLIMAPAKTDAG 2021

Den 11. Oktober war den 9. Klimapaktdag am Kader vun der éischter Editioun vun der KlimaExpo.

Am Laf vum Moie konnten iwwer 170 Leit, Gemengenakteuren a Klimaberoder Theemen am Zesummenhang mam Klimaschutz, der Kreeslafwirtschaft, der Adaptatioun un de Klimawandel an der Mobilitéit am Kader vun themateschen Atelieren diskutéieren.





An der Konferenz vun nomëttes louch de Fokus op der Klimaadaptatioun an der Energietransitioun a wat d'Gemengen am Kader vun de rezenten Iwwerschwemmunge maache kënnen.



Zum Schluss kruten d'Gemengen hir Klimapakt 1.0 Zertifizéierungen a Presenz vun der Ministesch fir Ëmwelt-, Klima- an Nohaltegkeet, der Madamm Carole Dieschbourg.




D'Gemeng Waldbëlleg huet am Re-Audit 59,2 % erreecht an domat den Zertifizéierungsniveau vun der Kategorie 2 (>50%) bäibehalen.

*Filipe Soares*
*Fotoen: myenergy, Damaris*

# WIE WËLLT MATMAACHEN?

## Biergerbedeelegung bei der neier Spillplaz am Mëllerdall

Am Mëllerdall ass eng fonkelnei Spillplaz geplangt, eng spektakulär Abenteuerspillplaz.

Do sollen och d'Kanner an hir Elteren a Frënn mathëllefen, am Sënn vun enger participativer Approche fir nei Installatiounen an der Gemeng.

Keng Angscht: Et sinn net d'Kanner an och net hir Elteren, déi d'Klunschen an d'Rutschbanen asw. zesummeneelen, op deenen se dono turnen! Dat gëtt scho ganz vu professionelle Betriber opgeriicht an och vun den zoustännegen Instanzen op Sécherheet gepréift.

Mee verschidden Aarbechte solle mat der Hëllef vun de Bierger a vun de Benotzer ugaange ginn. Esou z.B. Hecke planzen, Weidentunnel uleeën, soss Verschéinerungen, Hëllef bei engem Kloterbamkoup, ...

Wien sech dofir interesséiert, soll sech melle beim:

**Syndicat d'initiative Waldbëlleg**
1, rue des Moulins
L-6245 Müllerthal
info@mullerthal-millen.lu
Telefon: 87 89 88















*Papaya - Urbanistes et architectes paysagistes*



*Foto: Isabelle Oberlé*

# WAT ASS LASS? // *QUE FAIRE ?*

## AGENDA

Dir wësst et: Mir liewen an enger Zäit, an där vun haut op muer alles kann änneren an et ni sécher ass, ob eng Aktivitéit ofgesot ass oder ob et nei Konditioune ginn, fir dierfen dohinner ze goen. Umelle muss ee sech dacks a CovidCheck ass natierlech och gären ugesot. Informéiert Iech op der Plaz oder op den Internetsitten.

D'**Société préhistorique luxembourgeoise SPL** huet hire Siège an der Sportshal zu Waldbëlleg an do ass och hir grouss Bibliothéik mat Bicher an Zäitschrëften a Bulletinen iwwer Virgeschicht an Archeologie. D'SPL luet de Public op déi heiten Evenementer an:

Dem Aarbechtsgrupp *Cailloux* seng **éischt Tagung** ass op fir de Public, **freides den 28., samschdes den 29. a sonndes den 30. Januar 2022** vun 10 bis 18 Auer an der Sportshal. Et kann ee just een Dag oder zwee oder allen dräi matmaachen. Et brauch ee sech net unzemellen, mee et muss ee selwer nom Iesse kucken a sech Picknick matbréngen.

D'**Uergelfrënn** hunn nach ëmmer den néidege Courage. Den éischte **Concert** vum Joer an der schéi renovéierter Waldbëlleger Kierch ass **sonndes, de 6. Februar 2022** um 17h mat Francis Lucas (Uergel) an Anne-Catherine Feltgen (Gei).

Den 1. **Repaircafé** ass den **12. Februar 2022** zu Konsdref am Centre polyvalent Kuerzwénkel.

D'**Fuesvakanz** ass vum 12. bis den 20. Februar. **Fuessonndeg** ass eréischt de **27. Februar** mat, vläicht, der Kavalkad zu Dikrech.

Eng Woch méi spéit, de **6. Mäerz** ass **Buergsonndeg**. Nodeems déi lescht Joren d'Buerge bei eis an der Gemeng meeschtens en Affer net vun de Flamen, mee vu Stuerm a Corona gi waren, bleift ofzewaarden, wéi et dëst Joer ausgesäit, samschdes bei den Haler Lett an de Waldbëlleger Pompjeeën a Sänger, sonndes mam Chrëschtnecher Club des Jeunes.

Eng **Porte ouverte** an de Lokaler vun der **Société préhistorique luxembourgeoise SPL** an der Sportshal zu Waldbëlleg ass de **Sonndeg, 3. Abrëll**.

D'**Ouschtervakanz** ass vum **2. Abrëll** u bis den Ouschterweekend, woufir dann och **Ouschterméindeg, den 18. Abrëll** nach fräi ass.







Den **1. Mee** fält op e Sonndeg dëst Joer.

Den **Uergelfrënn** hiren zweete **Concert** an der Waldbëlleger Kierch ass **samschdes, de 7. Mee 2022** mat Kierchemusek vum Henry Purcell (1659-1695) ënner der Leedung vum Nicolas Billaux, mam Ensemble Ad Libitum (Uergel: Rosch Mirkes). Dat ass e schéine laange Weekend, well de Méindeg, 9. Mee ass den Europadag.

**Sonndes, den 22. Mee 2022** gëtt et bei den **Uergelfrënn Ham, Fritten an Zalot** an der Cafeteria zu Waldbëlleg.

D'**Päischtvakanz** ass vum **21. bis den 29. Mee**, also an der Woch vum Häraffertendag. **Päischtsonndeg** ass de 6. Juni an de Dag drop, Päischtméindeg, ass och fräi.

En **Aféierungscours an d'Préhistoire** vun der **Société préhistorique luxembourgeoise SPL** ass **samschdes, den 28. Mee**, och an der Sportshal zu Waldbëlleg.

D'**Waldbëlleger Musek** invitéiert no engem Joer Paus erëm op hire **Galaconcert** „Back to Music", e **Samschdeg, 4. Juni 2022** um 20 Auer an der Sportshal zu Waldbëlleg.



**Spadséieregoen** ass eng gutt Léisung a bei ons glécklecherweis ëmmer ouni Restriktioune méiglech. Onse schéine **Mëllerdall** ass jo geschwënn Unesco Global Geopark, mee dovunner onofhängeg ass et ëmmer derwäert, sech déi schéi Bëscher, Baachen a Fielsen unzekucken an dobäi zum Beispill un déi schéi Jëfferche Griselinde ze denken, wéi de Michel Rodange et sengem Frënd G. Scholl aus dem Schwobeland geschriwwen huet, 1857 an der Epistel Heringen und seine Umgebung:

> Se hat Iech e Gesiicht wi Mëllech a Blutt,
> e spackelroude Mond an hellblo Aen.
> A war s'Iech net gewuess ewi eng Jénk,
> a flénk as wéi a Ri am Haberbësch?
> A sange konnt se wéi en Uergelest,
> a spillen op der Harf, 't ass net ze son!

Ënne bei der Uertschaft Mëllerdall ass jo grad am Summer esou munches lass. Dir kënnt Iech do am **Touristcenter** iwwer all méiglech Aktivitéiten a Randonnéeën informéieren: *www.mullerthal-millen.lu*. Do derbäi entsteet eng wonnerbar Spillplaz fir eis Kleng, a wann Dir motivéiert sidd, kënnt Dir do derbäi eng Hand upaken, z.B. Hecke planzen, Verschéinerungen, Hëllef bei

engem Kloterbamkoup, ... Wien sech dofir interesséiert, soll sech melle beim Syndicat d'initiative Waldbëlleg, *info@mullerthal-millen.lu*. Telefon: 87 89 88.

Zu Waldbëlleg bei der Gemeng steet d'**Bichersail**. Jiddwereen dierf sech zu jiddwer Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Jiddwereen dierf och Bicher drastellen, esou laang Plaz ass.

De **Bicherbus** kënnt reegelméisseg donneschdes bei de Fussballsterrain zu Chrëschtnech, vun 10:50 bis 11:20 Auer, den 3. Februar, den 3. an de 24. Mäerz, den 21. Abrëll, den 12. an den 30. Juni.

Zu Chrëschtnech ass et interessant, den **Aeromodelliste vu Chrëstnech** op hiren Terrain nokucken ze goen. Wann d'Deeg méi laang ginn an d'Wieder matspillt, dann ass um AMC-Terrain décke Betrib a Visiteure si wëllkomm.

Dir kënnt och bei den **FC Olympia Chrëstnech/ Waldbëlleg** op den Terrain kucken an ufeiere goen. Déi éischt Ekipp spillt fir den Opstig an ass frou iwwer all Ënnerstëtzung.

Zu jiddwer Zäit ass jiddwereen, deen en Instrument spillt, häerzlech invitéiert, emol bei de **Prouwe vun der Waldbëlleger Musek** laanschtzekommen, **all Dënschdeg** vun 8 Auer owes un am Musekssall (2a, rue A Kilker).

Fir d'Dammen organiséiert den **Turnveräin Ëmmer Fit** Turnen **all Méindeg** vun 19:30 bis 20:30 Auer, ausser an de Schoulvakanzen, an der Sportshal zu Waldbëlleg.

*Text: Marc Barthelemy*
*Fotoe Musek: Camille Goedert*
*Fotoe Mëllerdall: Pierre Haas*
*Illustratioun Griselinde: Sabrina Kauffmann*



## Gemengerot

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn ëffentlech. Si sinn am Hentgesbau am grousse Sall. Jiddwereee ka kucken a lauschtere kommen. Allerdéngs kann et sinn, datt wéinst der Corona-Pandemie Restriktioune gëllen, datt ee sech muss umellen oder datt esouguer de Gemengerot per Videokonferenz zesummekënnt.

Dofir, fir d'Auerzäit an och fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt op deem wonnerschéinen neien Internetsite https://waldbillig.lu/, ier Dir Iech deplacéiert. Do steet och den Ordre du jour.

**Virgesi sinn déi heiten Terminer:**

Dënschdeg, den 22. Februar um 19 Auer;
Donneschdeg, de 24. Mäerz um 18 Auer;
Donneschdeg, den 12. Mee um 18 Auer;
Dënschdeg, den 28. Juni um 19 Auer.



## Restauranten

Ob a wéi d'Restauranten an den nächste Méint ophunn a wéi eng Conditiounen ee muss erfëllen, ass nach ëmmer onsécher.

Informéiert Iech doriwwer wgl. op den Internetsitte vun de Restauranten.

- De Restaurant an der **Heringer Millen** am Mëllerdall

  Telefon: 26 78 47 17
  www.heringermillen.lu

- De Restaurant **Cascades** am Mëllerdall

  Telefon: 87 83 83
  www.hotelcascades.lu

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler

  Telefon: 83 67 48.
  www.guddekascht.lu

- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall

  Telefon: 79 94 95.
  E-Mail: cigalon@pt.lu
  www.lecigalon.lu




DE FUUSS
als PDF online!




*Foto: Isabelle Oberlé*

WALDBËLLEG

COMMUNE DE WALDBILLIG